



GEMENGENINFO

RAPPORT DU CONSEIL COMMUNAL DU 27.03.2020





Éditeur responsable: Collège des bourgmestre et échevins de la Ville de Dudelange
Résumé français: Claude Kugeler
Retranscription: Selma Beganovic
Photos: Ville de Dudelange
Impression: Imprimerie Mechtel
n°3 / 2020 - Parution: juillet 2020





SOMMAIRE

RAPPORT SOMMAIRE EN FRANÇAIS	04
1. CORRESPONDANCE	06
2. CIRCULATION	09
2.1. Modification du règlement général de circulation – aménagement d'un passage pour piétons dans la rue Gare-Usines	
3. FINANCES COMMUNALES	10
3.1. Approbation provisoire du compte administratif de l'exercice 2018	
3.2. Approbation provisoire du compte de gestion de l'exercice 2018	
3.3. Approbation du rôle de la taxe sur les chiens de l'exercice 2020	
3.4. Approbation du rôle supplétif de la taxe sur les chiens de l'exercice 2019	
3.5. Approbation d'un acte de cession gratuite conclu avec la société à responsabilité limitée « BE & GO PROMOTIONS S.à r.l. »	
3.6. Approbation d'un acte de cession gratuite conclu avec Monsieur Daniel Julien Gustave Daxhelet	
3.7. Approbation du devis estimatif relatif au remplacement de la centrale de détection incendie à l'école Boudersberg	
3.8. Subsidés extraordinaires à allouer	
4. ENSEIGNEMENT FONDAMENTAL – MODIFICATION DU RÈGLEMENT D'OCCUPATION DES POSTES	16
5. APPROBATION DES MODIFICATIONS À APPORTER AU RÈGLEMENT COMMUNAL CONCERNANT LES CIMETIÈRES – AUTORISATION DE TRANSPORT DES DÉPOUILLES MORTELLES	22
6. NOMINATION D'UN DÉLÉGUÉ AU COMITÉ DU SYNDICAT DE COMMUNES SIDOR	24
7. COMMISSIONS CONSULTATIVES	24
8. PERSONNEL	24
8.1. Création de postes pour l'école Lenkeschléi:	
8.1.1. un poste d'employé communal à plein temps, groupe d'indemnité A2, (éducateur gradué)(éducation et accueil)	
8.1.2. cinq postes d'employés communaux à plein temps, groupe d'indemnité B1, (éducateurs diplômés)(éducation et accueil)	
8.1.3. huit postes d'employés communaux à plein temps, groupe d'indemnité C1, (aide-éducateurs)(éducation et accueil)	
8.1.4. dix postes de salariés à plein temps, carrière de l'agent de nettoyage A2 de la convention collective des salariés des communes du sud (service GMP)	
8.1.5. un poste de salarié à plein temps, carrière de l'artisan H3 de la convention collective des salariés des communes du sud (service GMP)	
8.2. Création d'un poste d'employé communal à plein temps, groupe d'indemnité A1, sous-groupe scientifique et technique (architecture et domaines)	
8.3. Création d'un poste d'employé communal à plein temps, groupe d'indemnité C1, (technique)(service culturel)	
8.4. Création d'un poste de fonctionnaire communal, groupe de traitement C1, (administratif)(école de musique)	
9. QUESTIONS AU COLLÈGE DES BOURGMESTRE ET ÉCHEVINS	29

- Huis clos -



RAPPORT SOMMAIRE

SÉANCE DU CONSEIL COMMUNAL DU 27.03.2020

Présents: Messieurs Dan Biancalana, bourgmestre; Loris Spina, René Manderscheid; Mesdames Josiane Di Bartolomeo-Ries et Claudia Dall'Agnol, échevins; Madame Martine Bodry-Kohn; Messieurs Bob Claude, Jean-Paul Friedrich, Jean-Paul Gangler, Henri Glesener; Mesdames Romaine Goergen, Monique Heinen, Michèle Kayser-Wengler; Monsieur Claude Martini; Madame Emilia Oliveira; Messieurs Jos Thill et Romain Zuang, conseillers. Monsieur Claude Kugeler, secrétaire communal adjoint

Vote par procuration: Madame Sylvie Andrich-Duval a donné procuration à Madame Michèle Kayser-Wengler pour voter en son nom. **Absent:** Monsieur Vic Haas, conseiller communal, excusé.

Début de la séance à 8.00 heures dans le grand auditorio du centre culturel régional «opderschmelz», 1A, rue du Centenaire à Dudelange.

Conformément à la décision du Conseil de Gouvernement du 18 mars 2020, le vote par procuration au conseil communal est formellement admis. Monsieur le bourgmestre ouvre la séance en souhaitant la bienvenue à tous les membres. Il est ensuite procédé à la liquidation de l'ordre du jour.

1 - CORRESPONDANCE

Il n'y a pas de correspondance à destination du conseil communal. Le bourgmestre informe le conseil des conséquences de l'état de crise sur les procédures du PAG et répond ainsi également aux questions soumise par le parti CSV (point 9 de l'ordre du jour).

2 - CIRCULATION

La modification du règlement général de circulation - aménagement d'un passage pour piétons dans la rue Gare-Usines est approuvée à l'unanimité.

3 - FINANCES COMMUNALES

3.1 Le compte administratif de l'exercice 2018 est approuvé par dix voix pour et huit voix contre.

3.2 Le conseil procède à l'approbation provisoire unanime du compte de gestion de l'exercice 2018.

3.3 et 3.4. Le conseil approuve unanimement le rôle de la taxe sur les chiens de l'exercice 2020 s'élevant à 42.350,00€ et le rôle supplétif de la taxe sur les chiens de l'exercice 2019, s'élevant à 3.710,00€.

3.5 et 3.6 Deux actes de cession gratuite conclus avec la société à responsabilité limitée «BE & GO PROMOTIONS S.à.r.l.» et avec Monsieur Daniel Julien Gustave Daxhelet sont approuvés unanimement. Les cessions se sont faites dans un but d'utilité publique, à savoir l'intégration des parcelles en question dans la voirie publique.

3.7 Le devis estimatif de 75.000,00€ relatif au remplacement de la centrale de détection incendie à l'école Boudersberg est approuvé à l'unanimité.

3.8 Des subsides extraordinaires sont alloués à la «Fondation Lëtzebuergre BIANNEVEREENEGUNG / La Canne blanche» et à l'«Association Luxembourg Alzheimer».

4 - ENSEIGNEMENT FONDAMENTAL

Les modifications du règlement d'occupation des postes sont approuvées à l'unanimité.

5 - RÈGLEMENT COMMUNAL CONCERNANT LES CIMETIÈRES ET DÉPOUILLES MORTELLES

Le conseil procède unanimement à l'approbation des modifications à apporter au règlement communal concernant les cimetières, et plus spécialement l'adaptation de l'article concernant les autorisations de transport des dépouilles mortelles.

6 - SYNDICATS INTERCOMMUNAUX

Le conseil nomme unanimement Madame Monique Heinen en tant que déléguée au comité du syndicat de communes SES (Syndicat des Eaux du Sud) et Monsieur Jos Thill en tant que délégué au comité du syndicat de communes SIDOR (Syndicat intercommunal pour la destruction des ordures des communes des cantons de Luxembourg, Esch/Alzette et de Capellen).

7 - COMMISSIONS CONSULTATIVES

Monsieur David Mahnen est nommé unanimement au pool de remplacement des commissions consultatives communales.

8 - PERSONNEL

8.1. Le conseil communal crée, à l'unanimité, les postes suivants pour l'école Lenkeschléi:

- un poste d'employé communal à plein temps, groupe d'indemnité A2, (éducateur gradué) (éducation et accueil);



- cinq postes d'employés communaux à plein temps, groupe d'indemnité B1 (éducateurs diplômés) (éducation et accueil);
- huit postes d'employés communaux à plein temps, groupe d'indemnité C1 (aide-éducateurs)(éducation et accueil);
- dix postes de salariés à plein temps, carrière de l'agent de nettoyage A2 de la convention collective des salariés des communes du sud (service GMP);
- un poste de salarié à plein temps, carrière de l'artisan H3 de la convention collective des salariés des communes du sud (service GMP).

8.2 Le conseil communal crée, à l'unanimité, un poste d'employé communal à plein temps, groupe d'indemnité A1, sous-groupe scientifique et technique (architecture et domaines).

8.3 Le conseil communal crée, à l'unanimité, un poste d'employé communal à plein temps, groupe d'indemnité C1 (technique)(service culturel).

8.4 Le conseil communal crée, à l'unanimité, un poste de fonctionnaire communal, groupe de traitement C1, (administratif)(école de musique).

9 - QUESTIONS AU COLLÈGE DES BOURGMESTRE ET ÉCHEVINS

cf. point 1.

La réunion se poursuit ensuite à huis clos.
Fin de la séance vers 10.45 heures.



GEMENGEROTSSÄTZUNG VUM 27.03.2020

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER):

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech géif lech alleguerten hei ganz häerzlech begrëssen am Centre Culturel Régional Opderschmelz. Ech begrëssen och d'Vertrieder vun der Press. Ech hoffen och, dass Der alleguerte bei gudder Gesondheet sidd. Dat wat mer haut hei hunn, dësse Gemengerot ass am Fong eng Premiere, et ass en historéische Moment. Ech mengen Dir wësst, dass mer am Etat de crise sinn, wou och d'Institutiounen weider fonctionéiere sollen. Dat gëllt och fir eise Gemengerot. Wéi gesot, den Etat de crise, deen dräi Méint dauert, also aussergewöhnlech Zäiten, déi mer hunn. Wou mer och hei am Gemengerot déi néideg Mesurë geholl hunn an och déi néideg Virkéierunge geholl hunn, sou wéi et och virgeschriwwen ass, fir dass mir och dat heite kënnen haut hei ofhalen. Bon, Dir hutt jo och iwwert déi Circulaire gesinn, déi un de Gemengerot verschéckt goufen, och vum Interieur, dass d'Derogatioun jo besteet, de Gemengerot ausserhalb vum Gemengenhaas ofzehalen. Deem si mer nogaange fir och déi néideg Mesurë kënnen ze respektéieren. Dofir si mer haut hei am groussen Auditorio vum Centre Culturel Op der Schmelz mam néidegen Ofstand. Jiddereen huet am Fong seng Bänk, et ass am Fong wéi fréier an der Schoul plus minus. Mee mir hunn awer och déi néideg Viraussetzung geholl, fir dass mir och déi néideg Publicitéit hei garantéieren – d'Press a present, et gëtt awer och opgeholl. Mee Dir mierkt, dass mer wéi an der gudder aler Zäit just den Toun ophuelen, d'Wuert. Dat heescht dee ganze visuelle Deal hu mer bei dësem Gemengerot op der Säit gelooss. Bon, et ass jo keng Obligatioun fir dee visuelle Deal. Mee, vu dass mer do op eng extern Firma zréckgräifen, hu mer do decidéiert, och am Kader vun deenen néidege Precautiounen, déi net heihinner ze ruffen. An an der Entrée hat Der jo och de Spender fir Är Hänn ze desinfizéieren.

Also mengen ech ass alles vu Moosname geholl, déi mer deemtspriechend och hei huele kënnen. Ech wëilt awer och vun dëser Plaz aus, och wat d'Organisatioun an enger awer e bëssen aussergewöhnlecher Zäit vun dësem Gemengerot ugeet, eisem ganze Gemengesekretariat, eisem Gemengesekretär a senger Ekip, wéi awer och hei der Ekip vum Service Culturel Merci soen. Si hunn an deene leschten Deeg dofir gesuergt, dass dee Gemengerot hei an dëser Form kann och oflafen. An awer mengen ech och, si mer alleguerten haut hei zesammen a Gedanken natierlech bei all deenen, déi fir eis am Alldag am Asaz sinn, fir dës sanitär Kris ze meeschteren. A mir hoffen natierlech och all zesammen dass alleguerten déi Patienten, déi um Coronavirus erkrankt sinn, dass déi ganz schnell gesond ginn a genesen, an dass d'Unzuel

vun deene Patienten, déi da leider stierwen, sou niddereg wéi méiglech bleift. Ech hat gesot, dass jo eng Rei Derogatiounen méiglech sinn – hat ech virdu vergiess, och ze soen – dass an deem Kontext jo och d'Méiglechkeet besteet, wat bis dato an der Chamber méiglech war, mee awer net fir Gemengeréit, dass e ka par Procuratioun wielen. Et ass eng Gemengeconseillère, d'Sylvie Andrich-Duval, déi effektiv och eis eng Procuratioun zoukomme gelooss huet an dem Michèle Kayser se ginn huet. Dat heescht, déi Geleeënheet genotzt. Dofir ass si entschëllegt an awer huet si eng Procuratioun ginn an entschëllegt och fir dësse Gemengerot ass den Här Haas. Voilà, dat e bëssen sou generell de Kader an deem dësse Gemengerot stattfënnt vun dëser Plaz. Awer och den Opruff – an et mierkt een dass dat jo largement respektéiert gëtt – an där Situatioun wou mer sinn, dass d'Leit och sollen doheim bleiwen. Mir erliwen den Ament jo eng Situatioun wou eis Fräiheeten, eis Beweegungsfräiheeten ageschränkt sinn. Nach ass den Ausnamezoustand, réischt de Couver-feu nach net ausgeruff ginn. Wann een e bësse kuckt, iwwert d'Grenz a Frankräich, do si schonn iwwert 120 Gemengen, déi e Couver-feu ausgeruff hunn. An där Situatioun si mer net. Dat heescht, wa mer och déi Mesurë respektéieren, déi d'Regierung geholl huet, mengen ech dann och an déi Richtung ginn, dass sou méi extrem Mesuren net brauchen och geholl ze ginn.

I. KORRESPONDENZ

DAN BIANCALANA (BUERGERMEESCHTER – LSAP):

Ech wollt awer och vläicht hei uganks - den Ordre du Jour hutt Der jo geschéckt kritt, deen ass jo nach ëm e puer Punkte komplettéiert ginn an och nach eng Fro, déi erakomm ass vum Här Gangler iwwert de PAG. Da wollt ech awer nach ënnert der Korrespondenz op zwee Punkten agoen: engersäits iwwert generell déi Moosnamen, déi d'Stad Diddeleng geholl huet par Rapport zu der Kris, dat vläicht den éischten Deal, an den zweeten Deal generell, wéi d'Situatioun ass mam Diddelenger PAG. An ech géif mer och do erlaben, déi verschidde Froen, déi den Här Gangler do gestallt huet, och do mat anzebannen. Well ech mengen et geet an déi selwecht Richtung. Mer mussen soen, dass mer vun do u wou den Etat de crise verhänkt gouf och déi néideg Mesurë geholl hunn, dass mer eis als Gemeng, als Stad Diddeleng gutt opgestallt hunn. An dësem Kader mussen mer och soen, dass mer zimmlech schnell eng lokal Cellule de crise agesat hunn, déi sech all zwee Deeg gesäit, fir e bëssen den Update ze maachen, fir och déi néideg Mesuren ze huelen, en fonction vun deene Mesuren, déi d'Regierung hält, respektiv awer och am Dialog ass mat aneren Acteuren, wéi d'Police, respektiv awer och de CGDIS. Déi Cellule de crise, déi setzt sech zesammen, déi lokal, aus eisem Schäfferot, aus eise Chefs de département, eisem



Service Relations Publiques, eis Delegéiert am Gesondheetsberäich, och den Delegéierten um Niveau vun der Sécherheet. Mir sinn do ganz breet a gutt opgestallt, respektiv och eise Bannhiddere, deen dobäi ass, fir déi néideg Moosname kënne zesummen ze huelen. An ech muss awer och elo vun dëser Plaz e grouse Merci weiderginn un eis Mataarbechterinnen a Mataarbechter. Verschiddener vun hinnen an dëser Situatioun hunn natierlech de Congé pour raisons familiales geholl. Eng Rei sinn an der Dispens, no der Decisioun, déi d'Regierung geholl huet fir d'Schléissung vun de Schoulen, respektiv de Maisons Relais. Eng Rei, vum administrative Plang, sinn och am Teletavail an natierlech ginn et awer aner Services, déi mussen oprechterhale bleiwen, déi mussen fonctionnéieren. Dat sinn déi vital Services vun der Gemeng. An dat ass natierlech engersäits de Populationsbüro, dat ass den Etat civil, dat ass eis Receptioun, eisen Accueil, wou de Bierger natierlech kann higoen op Rendez-vous. Och do hu mer d'Approche verschäerft, dass een net einfach esou op d'Gemeng ka kommen. Mir hunn also déi néideg Mesurë geholl. An da sinn natierlech déi ganz Ur-Funktione vun der Gemeng, déi jo nach op de fréieren Dekret zrückgräifen, alles wat d'Salubritéit an Hygiène ugeet, do sinn natierlech de ganze Volet ronderëm d'Müllentsuergung, ronderëm Waasser, Ofwaasser, wéi gesot, an och de ganze Volet Gas, well mer jo och nach e Gas-Service hunn. Alleguerten déi Services, déi mussen oprecht erhale bleiwen, well jo och déi vital Funktiounen vun der Gemeng och deementspriechend gehéieren. Wéi ganz vill Gemengen hu mer och als Gemeng ganz schnell reagéiert. Och bei guddem Wieder sin d'Spillplazen natierlech zougemeet ginn.

Mir hunn och déi néideg Moosnamen do geholl an och wéi vill aner Gemengen hu mer e Service agesat, dee fir eeler Leit ab 65, respektiv fir vulnerabel Leit Akeef mécht. Dat sinn engersäits Leit vun eise Maisons Relais, also eist edukatiivt Personal, wat déi Akeef mécht. Dat sinn awer och eis Mataarbechter vun eisem Jugendhaus an och deelweis Leit vun CIGL, déi engersäits déi Akeef maachen hei zu Diddeleng an de Supermarchéen, respektiv awer och wa Rezepter virleie vun engem Dokter, an d'Apdikten och Medikamenter siche ginn. A mir ginn dat och ganz pragmatesch un, sou dass deementspriechend och déi Akeef, déi gemeet ginn, mer déi ausgehändegt kréien, eis Services: Déi Supermarché, respektiv Apdikten eis herno in globo eng Rechnung ausstellen, mir déi natierlech bezuelen an dat herno da refakturéieren un déi Bierger, déi deen doten Service an Usproch geholl hunn. Also mer handhaben dat ganz flexibel, ganz pragmatesch. An och do, Merci deene lokale Commercen, dass se eis esou och entgéintkommen, fir dass mer dat esou gutt wéi méiglech an dëser Situatioun och sou kënne ofwéckelen. Natierlech huet den Etat de crise – an ech hunn et bei der enger oder anere Geleeënheet och scho geäussert

– dass natierlech och duerch de Stopp vun deene verschidde Chantieren och dat en Impakt huet generell op d'Projeten. Ma net nëmme souwisou hei am Land, mee natierlech sinn dat och Projeten, déi Privatileit hunn. Dat si Projete vun der Gemeng, wou selwer d'Gemeng Bauhär ass. An dat sinn natierlech och Projete vum Staat hei zu Diddeleng. Also mengen ech, alles dat ass deementspriechend sou och betraff.

Natierlech hu mer och d'Decisioun geholl, an eiser Cellule, dass bis am Fong ufanks Juni 2020 en attendant och de Bléck, wéi d'Situatioun evoluéiert, alleguerten eis Manifestatiounen, déi hei zu Diddeleng stattfannen - Manifestatiounen, déi mer selwer organiséieren als Gemeng, respektiv awer och aner Manifestatiounen, déi éischer Associatiounen organiséieren, wou d'Gemeng eng logistesche Hëllef gëtt - dass alleguer déi Manifestatiounen elo mol bis den 1. Juni annulléiert sinn. An natierlech bis dohinner kucke mer, wéi d'Situatioun evoluéiert a villäicht muss mer dann déi doten Decisioun verlängeren op de ganze Mount Juni, respektiv Juli en fonction vun der Evolutioun vum Etat de crise. Mee ech mengen, dass déi Decisioun hei wichteg ass, well ee jo weess, dass am Kader vun enger Organisatioun nach eng ganz Rei aner Acteure mat bedeelegt sinn. Dofir hu mer déi Decisioun och deementspriechend geholl. Eisen Obolus – Ech mengen, Dir hutt jo matkritt: Déi Méiglechkeeten, déi gebuede lo gi säitens vum Finanzministère, Wirtschaftsministère, respektiv Mëttelstandsministère fir deene verschiddene Betriber ënner d'Äerm ze gräifen – sief et méi kleng Betriber, sief et de PMEen, sief et der Industrie, sief et den Independanten. Ech mengen, et ass jo e ganze Pak vu Ronn 9 Milliarden, déi mobiliséiert ginn, fir deenen ënnert d'Äerm ze gräifen. Mir hu probéiert als Gemeng do ënnert d'Äerm ze gräifen, wou mer kënne. An dass mer eng éischt Decisioun, geholl hunn, dass mer an deene Commercen, wou mer am Fong Proprietär sinn, respektiv Locataire sinn a Sous-Locatioun maachen, dass mer während dem Etat de crise déi Loyerer am Fong suspendéieren an natierlech och bei deene Commercen, déi am HORESCA Beräich täteg sinn. Dat war och eng Decisioun, déi mat der Societéit Munhowen ofgeschwat gouf, well och si selwer op eis duerkomm sinn an do déi selwecht Iwwerleeungen hate wéi d'Gemeng, sou dass mer déi dote gemeinsam Decisioun getraff hunn.

Voilà, dëst e bësse par rapport zu der Situatioun, wéi se de Moment hei zu Diddeleng um Terrain sech bitt. Et muss een natierlech am Bléck behalen, wéi d'Situatioun weider evoluéiert. Mir wäerten och do de Gemengerot och weider um Courant halen, sou wéi mer och dem Gemengerot ëmmer subsequent, soubal mer Circulaire kréie vum Interieur, och weiderschécken, dass een och do déi néideg Informatiounen kritt an och natierlech weider am A behalen, wat Regierung vu weidere Mesuren hält.



Hei an der Situatioun sinn, am Kader vum Etat de crise jo déi Mesuren, déi d'Regierung hält, equivalent zu engem Gesetz, sech also direkt applizéieren, sou am Fong hei gläichgestallt gi mam legislative Kontext vun der Chamber, wéi et heescht. Also an deem Kontext och weider kucken, wat vu Measure kommen an och lech gegebenfalls do dann och um Courant halen, respektiv dann och kucken, wat vu weidere Measure mussen och dann um lokale Plang geholl ginn. Mir si réischt um Ufank vum Etat de crise, also mol kucken, wat effektiv op eis duer kënnt. Op alle Fall as sd'Suerg vun der Gemeng a vun alleguerten den Acteuren, déi Mesuren esou ze huelen, dass am sanitäre Beräich esou ofgewéckelt gëtt, dass weider d'Gesundheit vun de Bierger ka garantéiert ginn an op der anerer Säit iwwert déi Dispositiffen, déi agesat goufen an déi Mesuren, déi geholl goufen, déi Moosnamen, och natierlech d'Funktione vun der Gemeng kënnen oprecht erhale bleiwen. An och an deem Kontext wollt ech hei nach soen, dass och eis Gemengeservicer, déi wou am Asaz sinn, och an Alternance schaffen, fir sech och do ofzeweisselen, dass do ganz grouss Solidaritéit herrscht an och dat ass ganz begréissenswäert. Esou wéi ee generell mierkt hei am Land eng ganz grouss Solidaritéitsswell ass an een natierlech och hofft, dass och nom Etat de crise, déi Solidaritéitsswell oprecht erhale bleibt an net deen ale gewinnte Muster, wou een oft an der Gesellschaft mierkt vun Individualismus an Egoismus, rëm an den Alldag zrëckgräift. Also mengen ech och eng Chance am Kader vum Etat de crise eng Solidargesellschaft opzebauen an och déi bäizebehalen. Voilà, dëst e bësse generell an deem Kontext, an deem mer hei elo mol zu Diddeleng evoluéieren an och, mengen ech, wat ech vergiess hunn virdrun och ze soen, dass mer och an enkem Kontakt sinn – wéi vill aner Gemengen – mam SYVICOL, also Gemengesyndikat, wat natierlech och de Volet vun de Gemengen ugeet. Dat par rapport zum Etat de crise.

Da par rapport zum PAG. Do wollt ech soen: Et ass jo sou, dass mer hei an der Gemeng, dass dee Gemengerot jo den 28. Februar d'Decisioun geholl huet, de PAG an d'Prozedur ze schécken. Do war et jo och esou, dass am Fong esou wéi d'Gesetz et jo och virgesäit, eng Enquête publique soll lafen. Déi war vum 11. Mäerz bis den 10. Abrëll. A mir haten och eng Reunioun d'information virgesinn de 24. Mäerz. Wéi mer d'Saisine geholl hunn den 28. Februar, war dat engersäits par rapport zum PAG. Et war awer och par rapport zu der „Évaluation stratégique environnementale“ – der SUP, awer och de PAP „quartiers existants“, déi mer an d'Prozedur geschéckt hunn. Do waren natierlech och déi éischt Froen, wéi den Etat de crise ausgeruff gouf, wéi en Impact huet dat op d'Prozeduren. Et ass natierlech elo esou, dass natierlech déi obligatoresch Informatiounsversammlung huet missen annulléiert ginn. Déi kuerz Zäit, wou d'Prozedur ugelaft ass den 11. Mäerz – kann ech de

Gemengerot hei informéieren – do sinn zwou Reklamatioune schrëftlech erakomm. Et waren och zwee Bierger, déi och an d'Gemeng komm si fir sech de PAG unzekucken. No der leschter Circulaire, déi gëschter komm ass an déi mer och dem Gemengerot weidergeschéckt hunn – mer haten och eng Rei Gespréicher mam Ministère de l'Intérieur – ass et elo esou par rapport zu där Prozedur, wat déi dräi Voleten ugeet, dass mer am Fong eng Suspensioun hu vun der Prozedur, wat d'Delaie ugeet. Dat heescht, de PAG, dee mer den 28. Februar votéiert hunn, dee bleibt nach en vigeur. D'Saisine ass gemeet, just d'Delaie gi suspendéiert. Dat heescht, et huet een och Asiicht an de PAG.

Den Här Gangler hat d'Fro gestalt „Gëtt de PAG vum Internetsite erofgeholl?“. Neen, e bleibt kloer drop bestoen. D'Bierger hu weider drop Abléck. Mee wat awer gemeet ginn, dat sinn och d'Recommandatioune vum Innenministère, dass een, wann den Etat de crise opgehuewe gëtt, dass een am Fong d'Delaie frësch ulafe soll loossen, en bloc. Dat wäerte mer och maachen. Engersäits deen Delai vun deem Mount soll frësch ulafen an an deem Delai soll natierlech och eng obligatoresch Informatiounsversammlung stattfannen. Lo seet den Interieur: „Hei, et ginn zwou Méiglechkeeten, dat ze maachen: Entweder leeft den Delai un ab deem Moment, wou den Etat de crise opgehuewe gëtt. Oder, déi aner Modalitéit – also zwou Modalitéiten – déi aner Modalitéit: De Gemengerot hält e frësche Vott. An ab da leeft et dann och un.“ Ech géif lech hei proposéieren, fir d'Form ze wahren. Dass de Gemengerot einfach e frësche Vott hält – pur formell gesinn – e frësche Vott. Da kënne mer och an eiser Deliberatioun op eise Vott vum 28. Februar agoen. Da kënne mer natierlech och soen, dass mer de Vott frësch huele wéinst dem Etat de crise, dass mer eis dorobber kënne baséieren. Da lafe jo dann d'Prozeduren normal erëm un, wéi dat den 28. Februar och de Fall war. An an deem Kontext behalen natierlech déi Reklamatioune, déi elo schonn erakoumen hir Validitéit. Déi ginn natierlech do och a Consideratioun gezunn. Sou, mengen ech, dass och hei de Bierger net soll leséiert sinn. Dat sinn hei d'Recommandatioune, déi gemeet goufen an an deem Kontext wäerte mer och déi obligatoresch Informatiounsversammlung maachen. An natierlech lafen dann och déi Delaie weider rëm un, fir PAP „quartiers existants“ an och fir d'SUP. A well och eng aner Fro jo och gestalt gouf vum Här Gangler, ob nei Demandé vu PAPe eragereecht goufen. Dat ass net de Fall gewiescht. Ech mengen, et muss een och fir kloer Verhältnissen hei suergen, wann den Etat de crise opgehuewen ass. Dat heescht och d'Modalitéit da vun engem neie Vott, sou dass dann in globo déi nei Prozedur och kann ulafen an dann och de Bierger rëm natierlech während engem Mount Zäit huet, an d'Gemeng ze kommen, sech fräi ka beweegen – wat jo de Moment net de Fall ass – sech fräi ka beweegen, kann



Abléck huelen an den neie PAG an deemtspriechend och kann an déi obligatoresch Informatiounsversammlung komme wann e wëll an natierlech och ka seng schrëftlech Reklamatiounen eraschécken an natierlech och duerno ka vum Gemengerot gehéiert ginn. Well och dat ass jo déi nächst Prozedur, wann d'Leit hir Reklamatiounen eraginn, sech fräi kënnen beweegen, fir och kënnen ugehéiert ze gi vum Schäfferot par rapport zu hire Reklamatiounen. Sou dass wann den Etat de crise opgehewen ass, mer mengen ech déi dote Prozedur nei ulafe loossen.

Voilà, ech hat probéiert och par rapport zu deem doten Deel engersäits déi generell Informatiounen ze ginn, awer och op déi Froen anzegoen, déi den Här Gangler a senger Fro gestallt huet. Voilà, ech mengen dat war e bësse méi wäit aushuelen um Niveau vun der Korrespondenz, awer fir hei de Gemengerot ze informéieren, wou mer de Moment am Kader vun der Kris an och am Kader vun der Refonte vum PAG dru sinn. Voilà, dëst gesot, hale mer lech weider au courant an ech géif proposéieren, dass mer an eisem Ordre du jour weiderginn an ech géif... [onverständlechen Tëscheruff] Pardon, Kollege an Korrespondenz.

LORIS SPINA (LSAP - SCHÄFFEN): Jo, entschëllegt. Merci Här Buergermeeschter. Den Timing an d'Ëmstänn hunn et eben esou erginn, dass mer haut déi heite flott Fläsche fir d'éischt am Asaz hunn an ech wollt awer e Wuert dozou verléieren, well et ee weideren Akzent ass an eiser Gemeng vun all deenen Aktiounen, déi mer hunn ronderëm Plastikfräi, bezéiungsweis Eewegplastik ze vermeiden. Voilà, do sinn déi Fläschen, déi elo op der Schmelz am Asaz sinn. Änlech, wéi mer et och an eise Sportsinfrastrukturen am Asaz hunn, geet et dorëm, déi bekannte Plastikfläsche vun der Bün hei zu Diddeleng ze ecartéieren. An dat hei ass dat, wat mer de Kënschtler zu Verfügung stellen, wa se heihinner kommen. Da kënnen se frëscht a gutt Diddelenger Drénkwaasser domadder féllen an dann op der Bün, hannert der Bün dorausser drénken, sou dass mer och hei op der Schmelz eben déi Eewegplastikfläsche wäerten an Zukunft net méi gesinn. Merci.

DAN BIANCALANA (BUERGERMEESCHTER – LSAP): Merci dem Här Loris Spina. Ech wollt nach villäicht - bei deene ganzen Informatiounen ass eppes ënnergaangen, wou ech dem Gemengerot awer wollt och driwwer informéieren, dass mer à ce stade – bon, et si jo och eng Rei Recommandatiounen vum Bistum erausgaangen, wat jo am Fong d'Begriffnisser ugeet. Hei zu Diddeleng hate mer à ce stade just een zivilt Begrëfnis. En zweet ass vun der Famill selwer ofgesot ginn, well mer och do Recommandatiounen un d'Famillje ginn hunn – sou wéi et jo och an der Circulaire jo och stoung, dass wierklech am enkste Familljekrees ass – huet d'Famill selwer decidéiert, dat nozhuelen. An à ce stade och keng Hochzäiten.

Effektiv och do hate mer gesot, wierklech da just d'Brautpuer. Mee de Moment sinn am Fong keng Demanden erakomm. Ech wollt lech och nach déi Informatiounen net virenthalen.

2. CIRCULATIOUN

2.1. MODIFIKATIOUN VUM ALLGEMENGE VERKÉIERSREGLEMENT – AMENAGEMENT VUM FOUSSGÄNGERWEE AN DER RUE GARE-USINES

DAN BIANCALANA (BUERGERMEESCHTER – LSAP):

Voilà, dëst gesot kënnen mer dann op den nächste Punkt iwwergoen. Dat ass d'Circulatioun an do ginn ech dem Claudia d'Wuert.

CLAUDIA DALLAGNOL (LSAP - SCHÄFFIN): Merci Här Buergermeeschter. De Punkt 2.1., do géife mer proposéieren en Zebrasträifen ze maachen, an zwar beim Busarrêt Reiteschkopp, fir datt d'Leit déi do op de Parking Boulodrome kommen, sécher iwwert d'Strooss kommen. Da komme se och sécher bei de Boulodrome, bei de Stade Barozzi, den Alliance Terrain also, an och bei d'Annex vum Lycée, respektiv och d'Sportshal. Wéi gesäit dësen Zebrasträifen aus? Ma mer maachen en Zebrasträifen – well déi Fro kéim soss och erëm – mat enger Bordür fir déi Blann op ee Meter Längt. An do ass d'Bordür da 6cm an dann 1,2m eng Bordür vun 0,5cm, also dat ass fir de Rollstull, d'Poussetten an de Vëlo. Firwat maache mer dat esou? Ech hunn dat schonn e puer Mol gesot mee ech nennen dann och d'Nummer vun der DIN-Norm, déi et gëtt. Dat ass eng DIN-Norm 32-8-84. Déi DIN-Norm, déi ass zënter 2011 a Kraaft an ass vum Ministère fir Passage à piétons fir blann an handicapéiert Leit virgesinn ze amenagéieren an dat sinn eben déi Normen, wou ech ëmmer soen, déi och vun der ADAPTH esou ugehall gi sinn. A wa mer deen Zebrasträife maachen, da gëtt deen natierlech och béidsäiteg konform belicht. Ech betounen awer, och wa mer dat dote lo haut hei stëmmen, da wäerte mer dat natierlech net direkt kënnen realiséieren. Mee och fir den doten Zebrasträifen ze maachen, musse mer waarden, bis da rëm dierf geschafft ginn. Dat huet awer och sai Gutt, well ech huelen un, datt mer bis dohinner d'Deliberatioun och vum Ministère wäerten zeréck hunn.

LORIS SPINA (LSAP - SCHÄFFEN): Voilà, Merci Claudia. Ech hat virdrunner eng Rajoute ze maachen. De Plastik wou hei benotzt ginn ass, deen ass aus Decheten aus de Mieren. Also et ass recuperéierte Plastik, dee benotzt ass, fir déi Fläschen ze maachen. Voilà. Lo hunn ech dann dat gutt geféllt kritt wou de Chef, de Buergermeeschter, bis kuerz fort war.



DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):

Da komme mer zréck vum Mier op d'lokaalt Territorialitéit, op d'Festland – Festland Diddeleng. Si Remarken zum Verkéiersreglement? Här Martini?

CLAUDE MARTINI (CSV): Merci, Claudia, fir d'Präzisiounen, wou s de ginn hues vun den Zentimetre vum der Bordür. Ech wäert en dann och probéiere goen, soubal en dann do ass, den Zebrasträifen, a wäert Der eng Kéier eng Remark maachen, wann et dann net sou ass, wéi et soll sinn. [Tëscheruff] Jo, ech waarde lo nach e bëssen.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):

Nach weider Remarken dozou? Dat ass net de Fall. Da géif ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn. Wien ass mat deem heite Verkéiersreglement averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech dem Gemengerot villmools Merci.

3. GEMENGEFINANZEN

3.1. + 3.2. PROVISORESCH APPROBATIOUN VUM COMPTE ADMINISTRATIF VUM GESCHÄFTSJOER 2018 + PROVISORESCH APPROBATIOUN VUM COMPTE DE GESTION VUM GESCHÄFTSJOER 2018

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):

Da gi mer iwwer op d'Gemengefinanzen. Do ass d'Präsentatioun vum Compte administratif a vum Compte de gestion vum Joer 2018. Do ass jo de Compte de gestion dee vum Receveur erstallt gëtt an de Compte administratif, dee vum Schännerot erstallt gëtt. Do ass jo de Contrôle och gemeet gi vum Inneministère a wat de Compte gestion vum Receveur ugeet, do war keng Observatioun. Dir hutt an den Dokumenter jo och d'Observatiounen virleien, wat de Compte administratif ugeet. Ech wollt engersäits op d'Remarken an op d'Stellungnam vum Schännerot agoen. An ech wollt awer och nach eng Kéier op d'Zuelen agoen, vum Compte provisoire vum Joer 2018. Am ordinäre Beräich hate mer do Recettë vun 92,2 Milliounen Euro an Dépensë vu 75,7 Milliounen Euro, sou dass mer e Boni am ordinäre Beräich hate vu 16,5 Milliounen Euro. Mer haten am Extraordinäre Recettë vun 8,2 Milliounen Euro an Dépensë vu 15,7 Milliounen Euro, sou dass mer am Fong do e Mali hu vu 7,4 Milliounen Euro. Vum Compte 2017 huele mer awer 12,6 Milliounen eriwwe, sou dass mer wa mer de Boni général hu vun 29,2 Milliounen Euro an de Mali général vu 7,4 Milliounen Euro, sou dass mer de Compte provisoire 2018 ofschléisse mat engem Boni définitif vun 21,7 Milliounen Euro, wat eng gutt Ausgangssituatioun ass. Ech si scho virun e puer Méint eng Kéier op de Kont agaangen. Dat hei sinn am Fong Zuelen, déi effektiv dann och confirméiert goufen an och weisen, dass d'Gemenge-

finanze gesond sinn a keng gréisser Fluktuation war par rapport zum Initial 2018.

Da wat lo d'Remarke vum Ministère de l'Intérieur ugeet, wat d'Depensen ugeet. Ech géif engersäits all Kéiers op d'Remark vum Intérieur agoen an dann och d'Äntwert vum Schännerot presentéieren. Bei den Dépenses ordinaires, do ass den Artikel „Fir Menues Dépenses imprévues“ vum Schännerot. Do weist den Inneministère drop hin, dass mer hei eng Prise en charge haten, fir d'Déplacement vun der Harmonie municipale fir Voyage Vandivinit, fir op en internationale Concours. Si stellen de Montant en tant que tel net a Fro, mee se soen, dass dat éischer ze gesi wär als Subventioun, dass do déi néideg Procédures d'approbatioun hätte misse geholl ginn. Do soe mer effektiv, dass mer deem Rechnung droen, där Remark. Dass mer do d'HMD, déi offiziell d'Stad Diddeleng representéiert huet am Kader vun engem internationale Concours, déi Fraisen en Charge geholl hunn an dat och sou gesinn hu wéi e Patronage, dee mer vun engem Veräin iwwerhuelen. Da war de Volet par rapport zu den Indemnitéite vum Schännerot. Do steet de Montant am Compte administratif vun 128.900,85 Euro mee den effektive Montant war awer 140.803,73 Euro, also do war et eng Erreur matérielle um Niveau vun der Ecriture. Den Intérieur weist op déi zwee Montanten hin a mir soen, do war effektiv eng Erreur matérielle vun der Ecriture a mir maachen do e Redressement am Exercice 2020. Mee dee Montant, deen effektiv richteg ass an deen och bezuelt gouf, waren déi 140.803,73 Euro. Dann, am Kader vun der Neiorientéierung vun de Kierchen hate mer jo hei déi Decisioun geholl – do weist den Intérieur drop hin, dass d'Frais de fonctionnement an d'entretien duerch d'Gesetz vum 13. Februar 2018 vum Fong musse gedroe ginn. Dass, effektiv, mer do mierken, dass mer 2018 nach eng Rei Fraise gedroen hunn an dass mer och dozou solle Stellung huelen.

Do muss ech e bësse méi wäit aushuelen. Do war jo d'Situatioun déi, dass mer 2017 hei am Mäerz jo déi Déclaratioun d'intention geholl hunn, dass mer als Gemeng wéilte Proprietär bleiwe vun der Kierch, respektiv dass d'Kapellen an de Fong sollte goen. Dass natierlech déi Proprietéitssituatioun gekläert gouf iwwer d'Gesetz vum 13. Februar 2018, mee dass et zu deem Zäitpunkt jo och nach kee Modell vu Konventioun gouf. Dat gouf deemtspriechend ausgeschafft, mee awer och hei zu Diddeleng eng Situatioun wou Interpretatiounsschwieregkeeten an Differenze waren tëschent der aktueller Kierchefabrik an dem Bistum. Dat hu mer jo och matkritt am Kader vun de Verhandlungen. Mer waren awer och am Dialog mat der lokaler Kierchefabrik a mir hu jo net méi spéit wéi den 3. Dezember 2019 och déi Konventioun ënnerschriwwen. An den 13. Dezember 2019 ass déi Konventioun jo och vum Gemengerot hei approvéiert ginn.



A mir hunn natierlech - während dem Joer 2018 ass et oft hin- an hiergaange punkto Modell vun der Konventioun, punkto Contenu – mir hunn effektiv do eng Rei Saache misse mateneen och diskutéieren. Et muss een awer och soen: Quitt dass och den Intérieur hei seet, dass wéi se hei de Contrôle gemeet hunn, dass keng Konventioun virläit, mee mir haten dem Contrôle vum Intérieur ganz kloer gesot, dass d’Konventioun an Ausaarbechtung wär, respektiv a Finalisatioun wär, fir an de Gemengerot ze goen. Se soten hei einfach ganz kloer et louch keng vir. Faktuell louch keng vir, mee se war an Ausaarbechtung. Et ass ëmmer eng Saach, wéi een et dréit. Op alle Fall ware mer do am Gaangen drun ze schaffen a mer hunn och dem Interieur dat matgedeelt. Eise Comptabel huet hinnen och de Modell, wou mer drop geschafft hunn, gewisen. Also et ass net wéi wann näischt do gewiescht wier. An an eiser Äntwert gi mer effektiv in extenso drop an, wat dozou da gefouert huet, dass mer eng kleng Participatioun am Joer 2018 haten.

Da par rapport zu der Verifikatioun vun der Caisse trimestrielle. Déi huet den Intérieur elo net virfonnt an deem droe mer Rechnung a kucken an Zukunft, dass dat effektiv gemeet gëtt, dass déi Verificatioun, déi jo trimestriell ass, dass mer déi maachen. An d’Verificatioun vun der Keess selwer, do hat den Interieur keng Remarken. Voilà, dat ass engersäits d’Remark vum Contrôle vum Intérieur, respektiv dann och hei d’Stellungnam vum Schäfferot par rapport zum Kont. Dëst gesot, d’Diskussioun ass op. Madame Kayser.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, Merci Här Buergermeeschter. Bon, ech soen ëmmer dat heiten ass d’Realpolitik. D’Budgetdiskussioun am Dezember ass ëmmer e bèsse Wonschdenken an dat bestätegt sech nees hei wa mer d’Zuele gesinn. Virun allem an den extraordinären Depensë war annoncéiert ginn, 2018 géifen 23,8 Milliounen ausgi ginn. Hei, reell Politik, sinn awer nëmme 15,7 Milliounen getätegt ginn. Et war esouger sou, dass am Dezember 2017 18,9 Milliounen virgestallt goufen als Depensen, déi geplangt goufen. Nogestëmmt goufen dann och nach verschidde Milliounen, dass mer op 23,8, wéi gesot, geplangten Depensë waren a 15,7 Milliounen si getätegt ginn aus verschiddeenen Ursachen. Mee eng Ursach, déi mir och ëmmer soen, dat ass dass ganz vill reportéiert gëtt. Den Här Buergermeeschter huet et och gesot gehat: Et ass net ëmmer am Ermesse vun der Gemeng. Et si vill Projeten och nach national, déi eng national, wéi soll ech soen, Envergure och hunn. Ech denke lo just un de Projet Kräizung Route de Zouftgen-Rue du Commerce-Rue de la Libération, wou och de Ponts et Chaussées mat dran ass. Dee Projet, deen ass nach ëmmer net richteg esou wäit gelaf, wéi mer dat deemools geduecht hunn. Dann natierlech och de Retard am Shared Space oder bezéiungsweis de Switch

vum Shares Space, deen och hei säin Nidderschlag fënnt. Mee et ass, wéi mir all Kéier soen, dat heiten ass dat, wat wierklech getätegt gëtt, wat geschafft gëtt a, wéi gesot, mir huelen dat dann tel quel zur Kenntnis.

Erlaabt mer awer och e puer Remarken ze maachen zu de Remarkë vum Interieur. Ech fänken u mat der Remark zu der Finanzéierung vun der Kierch. Ech denken, et ass och villäicht wichteg ze soen, ëm wéi eng Zomm et sech handelt. Et handelt sech ëm 51.184 Euro. Den Här Buergermeeschter huet Explikatiounen ginn. Ech mengen, deem ass näischt zouzefügen. Mir hunn dat jo lo propper gereegelt. Effektiv huet et laang gedauert, bis d’Gesetz do war, bis d’Konventioun ausgeschafft war. Ech denken, dat muss een och soen. Et muss een och soen, dass dat och wichteg war, dass dat à tête reposée war an dass all Pour et Contre sollen ausgeschafft ginn. An ech denken, mir hu jo eng propper Konventioun, wou mer och averstane sinn, dass dat och elo anescht gereegelt gëtt. D’Explikatioun, déi war jo och schlësseg an domadder ass déi Saach och ad acta geluecht. Wat awer e bessen e Problem fir eis ass, sinn déi Depensen, wou d’Remark gemaach ginn ass, dass ee Veräin subsidéiert gouf, deen eng Rechnung eraginn huet fir eng Rees, déi geplangt war. Do sinn d’Frais de voyage deelweis mat iwweholl ginn. Do gëtt sech reportéiert op en Artikel „Fonds à la disposition du collègue pour menues dépenses imprévues“. Ech hunn dat nogekuckt. Dat sinn 22.000 Euro, déi sinn do an dem Fong gelagert.

Meng Fro ass: Wat gëtt soss domadder bezuelt? Firwat benotzt Dir dee Fong? An ech denken, d’Oppositioun hei – ech kann lech dobäi soen, d’Oppositioun global ass net ganz averstanen ëmmer mat der Subsideverdeelung a mir hunn déi an deene leschte Joren, souwuel déi Gréng, wéi d’CSV, ni matgestëmmt, well mer ëmmer gesot hunn, do wier e Mangel un Transparenz. Mir hunn eis do e bèsse Suerge gemaach, dass do net jiddereen gläich behandelt gouf. Dass se och net no deene Krittäre verdeelt ginn, wéi déi Subsiden an deem Aarbechtsgrupp, deen eng Kéier laang getaagt huet, deen oft getaagt gouf, ausgeschafft goufen. An eis Äntwert war ëmmer, déi mer vum Schäfferot kritt hunn, dass de Schäfferot sech ëmmer d’Rescht behält, fir nach déi lescht Adaptatiounen ze maachen. Dat heiten ass fir eis elo e Punkt, wou mer dann och gesinn a wéi eng Richtung dass dat geet. Mir fannen dat net ganz glécklech, well et muss ee jo awer och soen, d’Harmonie municipale – ech well elo keng Musek géint Sport, géint iergendeen ausspillen, ech well just eng Kéier hei feststellen – déi kréien och hire Subsid, wéi all déi aner Veräiner. Dat ass och ganz explizit esouguer noméiert. Déi kréien 18.700 Euro. Da gëtt nach 8.500 Euro Subventioun „à l’Indemnité du Directeur de l’Harmonie municipale“, a fir den 125. Anniversaire vun der Harmonie sinn nach eng Kéier 12.500 Euro am Budget virgesinn.



D'Fro ass elo: Ëm wéi eng Zomm handelt et sech hei bei där Depense vun 2018? D'Argumentatioun fanne mer e bësse wackeleg, well Dir gesot hutt, Dir gesitt dat als en offizielle Representant vun der Stad Diddeleng, deen am Ausland täteg ass. D'Scoute sinn och scho mol oder d'Jugendpompjeeën sinn och scho mol an eis Partnerstied an Däitschland gaangen. Goufen zum Beispill deenen hir Transferten och iwwert deen extrae Fong bezuelt? Wéi ass et zum Beispill mam F91, dee jo awer wierklech och eng Representatioun vun der Stad Diddeleng war bei sengen Demarchen a sengen Exploiten, virun allem och, op internationalem Terrain an deene leschte Champions League-Concoursen. Wéi ass et domadder? Kruten déi och déi Subventioun? Also ech denken dat hei ass e bëssen eng onglécklech Aart a Weis, wéi do e Fong benotzt gëtt a mir wëlle virun allem och gären Explikatiounen, wéi dat gehandhaabt gëtt, déi 22.000 Euro, déi lech do zur Verfügung gestallt ginn, wéi Dir déi ëmmer verdeelt. Dat gesot, wéi gesot, mir sinn ëmmer selbstverständlech mam Compte de gestion ganz averstanen. Mee de Compte administratif, dee kënne mir dës Kéier och net matdroen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci, der Madame Kayser. Weider Stellungnamen? Här Thill.

JOSEPH THILL (DÉI LENK):

Merci Här Buergermeeschter. Ech wollt zu deem Punkt schwätzen, wat d'Kontributioun fir d'reliéis Gebaier ubelaangt. An Dir kënnt lech virstellen, och wann ech mat der Madame Michèle Kayser ganz gutt eens ginn, do hu mer net grad déi selwecht Meenung wéi si. Dir wësst am Fong, wéi d'Libre Pensée luxembourgeoise an d'Liberté de conscience, sinn Déi Lenk strikt fir eng Trennung vu Kierch a Staat. An ech muss soen, Frankräich huet do 115 Joer Avance op eis, well si hu schonn 1905 e Gesetz gestëmmt, fir eben eng kloer Trennung vu Kierch a Staat. Et ass eigentlech an deem Gesetz just een Artikel, an dee seet „L'Etat ne reconnaît, ne salarie, ni ne subventionne aucun culte“, also aucun culte. An enger Gesellschaft, wéi déi, wou mer haut liewen, och hei zu Diddeleng, wou e ganze Koup Relioun bestinn an och e ganze Koup Leit guer net méi gleewen, schéngt et eis immens wichteg, datt de Staat sech do neutral verhält an eben och sou wichteg Institutioune wéi d'Gemeng. An an deem Sënn si mer dem Här Dan Kersch wierklech dankbar, datt en déi Trennung vu Kierch a Stad wéinstens fir en Ufank op de Wee bruecht huet an datt d'Regierung dat Gesetz vum 13. Februar 2018 gestëmmt huet. An op Basis vun deem Gesetz, kënnt den Inneministère dann zum Schluss, datt déi Ausgab – also et si jo ëmmerhin 51.000 Euro – keng legal Basis huet. An dat erënnert mech dann e bëssen u meng Berufskaarriär.

Am Landwirtschaftsministère hu mer och alt Remarque kritt vun der europäescher Gemeinschaft, déi gesot hunn „Do läit der komplett falsch“. Dann huet de Minister dat weiderginn un d'Beamten an d'Beamten hunn da missen iergend eng Äntwert fannen, fir déi lëtzebuergesch Positioun awer iergendwéi ze verdeeden. An ech muss soen, d'Schäfferotserklärungen hei, déi erënnere mech e bëssen un déi Prozedur. Et muss jo dann iergendeppes geäntwert ginn an da gëtt emol eppes geäntwert. An dofir wollt ech emol op déi Äntwert e bëssen agoen.

Also déi geet u mat „Par leur déclaration d'intention du 17 mars 2017, la fabrique d'église de Dudelange et le Collège des Bourgmestres et Echevins ont formalisé leur accord.“ Also do gëtt lo op eemol vun engem Accord geschwat. A wéi fir déi Déclaration d'Intention gestëmmt ginn ass, do souz ech jo glécklecherweis hei – glécklecherweis oder onglécklecherweis – do ass eis gesot ginn, dat ass eng Déclaration d'Intention. Wat do drasteet, dat ass jo elo net bindend. Et ass einfach emol eng Kéier fir ze weisen, a wat fir eng Richtung et ka goen. Bon, et war also net bindend, an hei gëtt et dann en Accord an da gëtt weider gesot, „La déclaration d'intention a été avalisée par le Conseil Communal à la même date“, also 2017. Déi, déi et avaliséiert hunn, dat war eigentlech d'LSAP-Majoritéit. D'CSV, déi Gréng an d'ADR hate sech enthalen an Déi Lenk waren natierlech dogéint. Wat ech scho geduecht hunn – bon, lo gëtt gesot „Déclaration d'Intention“ an herno geet et esou.

An den Erklärungen, déi de Schäfferot da gëtt, seet de Schäfferot, mer hätte jo déi Konventioun ofgeschloss. Déi war an der Maach, mee – steet an ärer Äntwert – „en raison de différends, opposant les autorités religieuses“. Dat heescht fir et konkret auszedrécken: De Chef oder de Präsident vun der Kierchfabrick hei zu Diddeleng, den Här Eberhard, deen huet mat sengem grouse Chef gestridden a senger anerer Funktioun. Den Här Eberhard als Präsident vun der SYFEL war ganz a guer net mat deenen Texter d'accord. An doduerch ass keng Konventioun zustane komm. Dat heescht, wéinst der „Autorité religieuse“, net wéinst der Gemeng, wéi Der richteg schreift. A well ebe keng Konventioun bestanen huet, seet de Schäfferot, si mer weidergefuer wéi virdrun. De Problem mat deem Weiderfuere wéi virdrun, dat ass, dass Der komplett an der Illegalitéit waart. An zwar net nëmmen – wann ech dat elo richteg verstinn – 2018, mee dat kënnt jo dann och nach 2019, well déi Saach ass jo weidergaangen, bis déi Konventioun gestëmmt ginn ass den 3. Dezember 2019. An domat kënne mer einfach net d'accord sinn. Et gëtt hei nëmme fir dee Punkt eng richteg Conclusioun: Den Inneministère seet, dat ass net an der Rei. Där Meenung si mer och an déi eenzeg richteg Aart a Weis fir dat ze handhaben, ass, déi Sue beim Kierchefong zeréckzefroen. Ech soen lech Merci fir Är Opmierksamkeet.

DAN BIANCALANA (BUEGERMEESCHTER – LSAP):

Merci, dem Här Thill. Madame Gorgen.

ROMAINE GOERGEN (DÉI GRÉNG):

Jo, Merci Här Buergermeeschter. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, am Numm vun deene Gréngen huelen ech da lo Stellung zu de Konte vum Joer 2018. Eng kuerz Analys vun der Evolutioun vun den Zuele beim uerdentlechen Deel weist déi Situatioun aus, déi mer glécklecherweis och déi Jore virdrun ëmmer haten: D'Ausgabe si ganz gutt ageschätzt ginn a variéiere kaum vum Budget initial bis zu de Konten. Si belafe sech op 75,7 Milliounen amplaz am Budget initial op 75,6 Milliounen. D'Recettes ordinaires sinn ursprénglech op 81,3 Milliounen ageschat ginn, da gehuewen am Rectifié op 87,2 a lande schliisslech bei 92,2 dank steigenden Zouwendunge vum Staat. Bei den ausseruerdentlechen Ausgabe gesäit et allerdéngs



anescht aus. Do war am Rectifié vill erhéicht gi: Vun 18,8 Milliounen op 23,8. Schlussendlech fält déi Zomm an de Konten op 15,7, wat méi niddereg ass, wéi am Budget initial virgesinn. Dat heescht am Rectifié war d'Situatioun falsch ageschat ginn an d'Ausgaben e gutt Stéck méi héisch gesi ginn. Et fënnt een awer kee Posten, deen eleng d'Erklärung dozou ka liwweren. Vill méi sinn et eng ganz Rei Budgetsposten, déi ofgeännert gi sinn. Bei den ausseruerdentlechen Einnamen verhält et sech änlech, well dat sinn oft staatlech Subsiden als Konterpartie vun den Investitiounen. Déi ware vum Initial op de Rectifié besonnesch fir d'Maison Relais an de Centre Hartmann erhéicht ginn. Als Recettë sinn an de Konten dann och 8,2 Milliounen erakomm an net 7,3, wéi am Initial oder 12,6, wéi am Budget rectificié virgesinn.

D'Ofwäichunge sinn och dës Kéier op verschoben Aarbechten zeréckzeféieren. Déi grouss Erhéijung fir déi Zomme fir de Budget extraordinaire par rapport zum réalisé an de Konten ass awer méi ongewéinlech. Beim Budget rectificié misst jo eigentlech schonn eng besser Aschätzung vun den Aarbechte virleien, an dofir eng besser Upassung vun den Zuelen erméiglechen. Mir haten als Gréng Fraktioun säit Joren déi Positioun vertrueden, dass mer Konte kéinte matdroen, wann d'Finanzgestioun insgesamt propper an novollzéibar wär. Ofwäichungen opgrond vu verschobenen Aarbechten an dofir och net agetrafte Subside vum Ministère kéinte mer verzeien. Dës Kéier sinn awer gläich e puer Saachen ze beanstanden zu dëse Konten. Éischtens am Rapport vun der staatlecher Kontrollinstanz gëtt op e puer Mängel higewisen. Bei dem Montant fir d'Stader Musek, deen hätt misse vum Gemengerot als Subsid accordéiert ginn, hu mir kee Problem. Mir hätten dat warscheinlech matgedroen, wa mer am Gemengerot Erklärungen dozou kritt hätten, déi schlësseg wäeren. D'Erklärunge vum Gemengerot zu der Gestiou vun de Kierchegebaier fanne mir eigentlech och stéckhalteg. Dass fir de Schäfferot eng aner Zomm als Indemnitéit verbucht gëtt, wéi ausbezuelt ass, ass och weider net schlëm, well jo déi richteg Zomm ausbezuelt ginn ass. Et handelt sech bei dem Feeler warscheinlech ëm Zuele vum Budgetartikel, déi falsch agetippt gi sinn. Méi schlëm ass dann awer, dass eng Äntwert un de Ministère geet, an där keng kloer Ausso gemaach gëtt, bei wéi enge Posten déi Verwiesslung geschitt ass. Et gëtt vun engem Poste geschwat, awer zwee ginn ugefouert. Accessoirement war et och net emol méiglech, dee Posten erauszefannen, well an deem gescanntem Dokument et net méiglech war, mat der Suchfunktion den OD177 an 180 ze fannen. Ënnert der selwechter Rubrik war de feelende Montant och net ze fannen. Dass dat Dokument gescannt gi war, wëlle mir lech oder den zoustännege Beamten awer net ukräiden, well en eis warscheinlech wollt déi Versioun vun de Konten op de Site setzen, deen en och op Pabeier dem Ministère geschéckt huet. Mer hätte jo och kënnen eng PDF-Versioun froen – huelen ech zumindest un.

Déi Onprezisioun passt awer sou richteg an déi Aart a Weis, wéi déi Konten hei am Gemengerot präsentéiert ginn: Als Formalitéit. E bësse lästeg si se an et wäert jo keen ze vill meckeren. Dobäi ass dat Dokument wuel esou wichteg wéi de Budget, fir deen eng Kommissioun

ageruff gëtt, mir ëmmer schéi Grafike kréien, an deen hei am Gemengerot laang zebréiert gëtt. An dobäi gesäit ee schlussendlech bei de Konten, wat da wierklech realiséiert ginn ass a wat net. Mir hu schonn oft drop higewisen, dass an anere Gemenge fir d'Konten eng Finanzkommissioun zesummegegeruff gëtt. Do gëtt dann och iwwer d'Virwërf vun der staatlecher Finanzkommissioun diskutéiert a se ginn och in extenso erkläert an natierlech och iwwer Ofwäichungen. Och dëst Joer hutt der vum Schäfferot lech dat gespuert. Wuel gemierkt hätt déi Versammlung wéinst dem Coronavirus missten ofgesot ginn, mee se war guer net virgesinn. Dir hutt net d'Gefill, deenen anere Parteien aus dem Gemengerot Rechenschaft schëlleg ze sinn. Zweetens: Dir kritt och vun der staatlecher Kontrollinstanz de Virwurf gemaach, dass keng trimestriell Verifikatioune vum Schäfferot gemaach ginn. Dat ass jo keng Klenggeheet. Dorop äntwert Dir da ganz lapidar, da géift Dir dat an Zukunft maachen. Punkt. Soss keng Erklärung. Mir hunn eis d'Fro gestallt, op déi Verifikatioune scho méi laang vergiess ginn. An da kommen eis awer Zweifel un der propperer an novollzéibar Ausféierung vum Budget, vun där mer ëmmer ausgaange sinn. Mengt Dir, de Ministère géif sech mat deene méi wéi dürftegen Erklärungen zefridde ginn? Mir si jiddefalls net zefridde mat der Aart a Weis, wéi mer déi Konten hei präsentéiert kréien. Mir fannen eng Finanzkommissioun dozou wär ubruecht. Grad esou schlëm fanne mer, wéi onseriö mat de Virwërf vun der staatlecher Finanzkommissioun ëmgaange gëtt. Dofir wëlle mir an Zukunft esou laang géint de Compte administratif stëmmen, bis déi Konten dee Stellwäert kréien, deen hinnen zousteet a méi transparent ginn, och fir d'Oppositioun. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER):

Merci, der Madame Goergen. Nach weider Stellungnamen? Dat ass net de Fall. Da géif ech op déi verschidde Punkten agoen. Ech loossen de Reproche net gëllen, dass mer net seriö mam Budget, sief et initial, rectificié, respektiv mam Kont, ëmginn. Well Dir hutt d'Dokumenter virun lech leien. Dir hutt Abléck dran. Et kann ee ganz gären eng Finanzkommissioun ronderëm de Kont maachen, domadder hunn ech absolut guer kee Problem. Well wa wierklech alles esou onseriö wär, et kënnt nach ëmmer eng Kontrollinstanz an eng Accordinstanz – dat ass den Intérieur. An déi soen eis Saachen, déi gutt sinn an net gutt sinn. Bis elo sinn d'Budgeten nach ëmmer approuvéiert gi vun der Stad Diddeleng – wëll ech soe par rapport zu der Onseriösitéit, wéi mer d'Budgeten dann opstellen, Madame Goergen. Ech sinn nach net fäerdeg. Da par rapport zu der Vérification trimestrielle. Wann déi net gemeet gëtt, da schreift den Intérieur dat natierlech a senge Remarken. Dat ass ganz wéineg, wou en dat schreift. Et ass elo dës Kéier effektiv virkomm an dofir mussen mir eis dat elo zu Häerz huelen a dat méi hardi elo maachen. Dofir schreiwe mir och, dass mer deem Rechnung droen. Dat ass och déi richteg Äntwert: Mer droen deem och deementspriedend Rechnung. Dann: Natierlech kann de Kont en anert Spigelbild ginn, par rapport zum Initial oder zum Rectifié. Ech hu virdrun och gesot, dass par rapport zum Initial 2018 generell mer zimmlech no leien, well dat eent ass de Budget opstellen, dat anert ass et eben d'Gegebenhee-



ten, déi sech ebe bidden am Joer 2018. An do hate mer jo d'Situatioun ronderëm de Shared Space, déi anescht ers gelaf ass, wéi et hätt sollten, an déi natierlech sech och hei am Kont widderpigelt. Also ech mengen schonn, dass hei keng Ofwäichungen, déi een erkläre kann, och duerch Ausschreiwungen, déi stattfannen, déi méi spéit stattfannen, déi och en Impakt op de Kont hunn, dass mer dat hei awer ganz seriö suivéieren. Mee ganz gäre kënne mer eng Finanzkommissioun maache fir de Kont 2018, wann en hei virläit. Domat hunn ech absolut kee Problem.

Dann einfach e bëssen als generell Remarken an awer och schonn e bëssen eng Äntwert op Är Froen: Ech mengen den Ënnerscheid, deen een och hei mierkt téschent dem Kont an deenen aneren Budgeten, initial an och rectificié, ass vun den Ofwäichungen – muss een och soen – nieft dem Shared Space, dass mer awer och an der Dotatioun méi kritt hu bei de staatleche Subventiounen. Dat hat ech ufanks gesot, well och d'wirtschaftlech Entwécklung positiv war: Dann, par rapport zu der Fro vun der Madame Kayser: Et dierf een net zwou Saache matenee verméschen: Dat eent ass de reguläre Subsid, deen e Veräin kritt an dat anert sinn am Laf vum Joer, wa Saache sech entwéckelen a wou de Veräin un eis eruntrëtt, wou en effektiv freet, ob d'Gemeng e kann ënnerstëtzen. Dat sinn zwou verschidde Saachen. An ech mengen ganz kloer, dass een, wa weider esou Demandé kommen, dass ee soll an de Gemengerot kommen an och e Subsid en bonne et due forme hei stëmme loossen. Domat hunn ech absolut kee Problem. Et muss ee just kucken, well der d'Fro och gestalt hutt par rapport zu deem Kont vum Schäfferot. Dat ass e Kont, wou generell, mee da kënne mer och déi all Kéiers hei stëmme – dat sinn déi jeeweileg Patronagen. An ech mengen jiddereen hei ass an engem Veräin, deen un eng Gemeng eruntrëtt an e Patronage ufreet, fir eng Annonce am Bliedchen ze maachen. Mir kënne ganz gären dann all Kéiers heihinner kommen. Dat ass natierlech net ugeprangert gi vum Interieur: Dat si mengen ech kleng Zommen, wou mer wierklech ganz flexibel a pragmatesch Veräiner, egal wat se maachen, bei hire Manifestatiounen, wou se Patronage vun der Gemeng ufroen, wou mer iwwert deen dote Kont ofwéckelen a ganz oft jo dann eng Annonce am Bliedchen, wou se dann och hir Manifestatioun kënnen annoncieren an och déi néideg Publicitéit hunn an un déi néideg Haushalter kommen. Dat zu deem dote Kont.

Par rapport zu der Kierch: Bon, d'Madame Kayser huet do eng aner Approche wéi den Här Thill – verständlech. Ech wëll just soen, mir hunn hei Stellungnam geholl an do sinn ech éischer méi no bei der Madame Kayser, wéi beim Här Thill. Mir hunn hei Stellungname geholl, anstänneg a propper, wéi d'Evolutiounen vun deem dote ganzen Dossier waren. Also par rapport zu der Onseriositéit. Also wéi am Fong de Werdegang hei war: Dat waren net einfach Diskussiounen. Do ware verschidde Interpretatiounsvuen, bis zum leschte Moment, wat och d'Finalisatioun vun deser Konventioun ugeet. Do si sécherlech Lokalinteresse mat Nationalinteressen zesummegefloss an der ganzer Diskussioun. Fazit si mer awer zu enger Konklusioun komm. Mir hunn hei eng propper Stellungnam geholl. Op des Stellungnam, déi mer jo hei huelen, ka jo

och den Interieur nach eng Kéier hei reagieren. Wa mer do natierlech och vum Interieur nach eng Kéier eng Reaktioun kréien, déi an déi Richtung geet, dass mer schwaarz op wäiss déi Sue sollen zrëckfroen, da gi mer dat ouni Problem och dem Fong weider. Ech mengen, dass dat vun eiser Plaz aus ganz oppen an transparent gehandhaabt gëtt. Mir hunn hei Saache gesot kritt. Mir hunn dorop reagiert, wéi dat Ganzt sech entwéckelt huet. A wann hei nach Suitte sollte komme par rapport zu eisem Rapport, ma da gi mer deem natierlech och no. Dat ass absolut kee Problem. An d'Declaration d'Intention – ech mengen, dat war scho plus minus en Accord, a wéi eng Richtung dass et ka goen. Déi Déclaration d'Intention, déi huet ee jo och gemeet am Kader vum Gesetz. Dat sollt gestëmmt ginn. An d'Gemenge ware jo opgefuerdert ginn, eng Déclaration d'Intention ze maachen, wou se scho plus minus en Accord formaliséieren, a wéi eng Richtung dass et ka goen. Et kann een natierlech soen „War et express?“. Et war elo keen Intitulé mat engem Accord, mee et war eng Déclaration d'Intention, déi eng Richtung ugëtt. Et kann een natierlech Wuertspillercher maachen. Ech mengen, d'Richtung war hei, déi ugewise gouf. Här Thill, Dir waart jo och do dobäi an ech mengen, dass déi Richtung déi mer ugewise hunn an der Déclaration d'Intention och déi ass, déi mer schlussendlech am Dezember finaliséiert hunn. Voilà, dat e bëssen zu de verschidde Stellungname vun de Leit hei aus dem Gemengerot. Madame Kayser, jo.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, Merci Här Buergermeeschter. Merci fir d'Explikatiounen, wat mat deem Fong bezuelt gëtt. Dat war effektiv jo flott, wann domadder d'Annoncé vun de Veräiner bezuelt ginn am Bliedchen, wann d'Gemeng de Patronage iwwerhëlt. Mee ech hat och nach gefrot, vu wéi enger Zomm schwätze mer lo hei ganz konkret, wat déi Rechnung ubelaangt vun der Harmonie. A meng Fro war och, ob net aner Veräiner – wa se am Ausland de Fändel vun Diddeleng héichhalen – ob déi dann automatesch och esou eng Demande kënne maachen. Et ass, wéi Der sot: Et méi transparent, wa mer dat iwwer Subsidies extraordinaires hei am Gemengerot, wéi mer et jo fir vill aner Saache maachen, wéi Patronagen oder wann een eng Coupe gewënnt, déi kréie jo och ëmmer en extra Subsid. Et wier jo awer méi kloer, wa mer dat géifen hei alleguerten zesummen decidieren.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Richtig, dorobber hat ech elo vergiess ze äntweren. Et waren em déi 2000€. Net all Veräin mécht et. Et si verschidde, déi et maachen, anerer net. Mee wéi gesot, kee Problem. Et hänkt jo och vum Deplacement of. Dir hutt virdru vu Veräiner geschwat, déi hätten déi finanziell Moyene fir Deplacementen sech kënnen ze leeschte par rapport zu anerer. Dat hänkt och ëmmer dovun of, wéi de finanzielle Background vun dem jeeweilege Veräin ass. Do sinn anerer anescht ers opgestallt, wéi aner Diddelenger Veräiner, déi dann éischer mengen, ech de Wee sichen hei de Schäfte-, respektiv Gemengerot, fir dass se e Subsid kréien. Mee wéi gesot, wann e Veräin an Zukunft an där dote Form un eis eruntrëtt, kënne mer ganz gären de Subside extraordinaire hei an de Gemengerot hei och huelen. Kee Problem. Här Spina.



LORIS SPINA (LSAP – SCHÄFFEN): Ech wollt dat do nach e bëssen enchainéieren an dem Sënn, dass d'Madame Kayser dat vun de Jumelagen ugeschwat hat. An dat ass esou, dass déi Associatiounen, déi am Kader vun engem Partenariat mat enger jumeléierter Stad vun Diddeleng och den Transport bezuelt kritt hunn. Dir hat d'Scouter ugeschwat, aner Sportsveräiner, also do hunn déi dat och änlech hei – et war och déi nämmlecht Zomm plus ou moins – och iwwerholl kritt. Den F91 hat Der och ernimmt. Do hu mer jo kloer fixéiert, wat e Veräin am Kader vun der Kompetitioun vun der Coupe d'Europe kritt, je nodeem a wéi engem Stadium vun der Kompetitioun e sech befënnt. Do kritt een als Veräin déi Subsidé vun der Gemeng, déi dann och de Gemengerot senger Zäit gestëmmt hat. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Voilà, Merci och. Da géif ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn. Ech géif ufänken, ech géif éischter mengen, dass Unanimitéit ass par rapport zum Compte de gestion, deen de Receveur erstellt. Wien ass mat deem Kont averstanen? **Dat ass de ganze Gemengerot, also Unanimitéit.** Da komme mer zum Compte administratif. Wien ass mat deem averstanen? **Dat ass d'Majoritéit. D'Stëmme vun der LSAP. Wien ass dogéint? Stëmme vun CSV, Déi Lenk an déi Gréng.** Ok, Merci.

3.3.+3.4. APPROBATIOUN VUN DER HONDSTAX FIR D'GESCHÄFTSJOER 2020 + APPROBATIOUN VUM RÔLE SUPPLÉTIF VUN DER HONDSTAX FIR D'GESCHÄFTSJOER 2019

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER): Da gi mer op den nächste Punkt iwwer. Dat ass D'Hondstax, also engersäits d'Tax fir 2020 an de Rôle supplétif fir 2019. Also d'Tax fir d'Joer 2020, dat sinn 42.350 Euro. Dat maachen dann de Moment 1210 Vierbeiner Hénn, déi hei zu Diddeleng enregistréiert sinn. Do kënn nach de Supplétif am Laf vum Joer dobäi. An da fir den Exercice 2019, do ass de Supplétif, also de Rôle supplémentaire, 3.710 Euro. Dat sinn 106 Hénn. D'Tax ass jo bei 35. An dat mécht dann en Total fir d'Joer 2019 vun 1300 Hénn, déi sech hei um Diddelenger Territoire fräi beweegen. Dëst als Informatioun. Mir bleiwen do ëmmer stabel an deene Paragen. Dëst gesot, si Froen dozou zu där Tax? Dat ass net de Fall. Kënnen mer dann iwwert de Rôle vum Joer 2020 zesummen ofstëmmen? Wien ass mat deem averstanen? **Dat ass unanime.** Wien ass mam Rôle supplétif vum Joer 2019 averstanen? **Och dat ass unanime.** Da soen ech och do dem Gemengerot Merci.

3.5. + 3.6. APPROBATIOUN VUM ACTE DE CESSION GRATUITE MAT DER FIRMA „BE & GO PROMOTIONS S.À.R.L.“ + APPROBATIOUN VUM ACTE DE CESSION GRATUITE MAM HÄR DANIEL JULIEN GUSTAVE DAXHELET

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da komme mer zu enger Rei Akten. Dat sinn éischter Cessions gratuites. Dat éischt ass tèschent der Sociéitéit BE & GO PROMOTIONS, hei vertrueden duerch den Här Belmiro Ferreira Martins an der Gemeng, vertrueden duerch den Här Biancalana, den Här Spina, den Här Man-

derscheid, d'Madame Di Bartolomeo-Ries an der Madame Dall'Agnol. An et geet hei ëm en Deel Voirie, 0,32 Ar an der Rue Fontaine. An hei geet et kllassesch Integratioun vun där Parzell an d'Voirie publique. Dat ass déi éischt Cession gratuite. Dir gesitt, dass dat en Deel Parzell ass. Déi zweet Cession gratuite ass och tèschent dem Här Daniel Daxhelet an och der Gemeng. Do ass et an der Birengerstrooss. Do sinn et 24 Zenti-Ar, also och e Stéck Trottoir, also och Integratioun an d'Voirie publique, also e „But d'utilité publique“.

Dat wäeren déi zwou Cessions gratuites, déi dem Gemengerot hei virleien. Ass de Gemengerot domadder averstanen oder si Froen dozou? Dat ass net de Fall. Kënnen mer iwwert déi zwee zesummen ofstëmmen, ass dat fir de Gemengerot ok? Am Block? Also fir den Acte de cession BE & GO PROMOTIONS an den Acte de cession mam Här Dan Daxhelet. Wien ass domat averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech dem Gemengerot Merci.

3.7. APPROBATIOUN VUM DEVIS ESTIMATIF FIR D'ERSETZE VUN DER ZENTRAL FIR D'DETEKTIOUN VU FEIER AN DER SCHOUL BOUDERSBERG

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da komme mer zu engem Devis estimatif. Do ass am Kader vun der Exekutioun vum Budget 2020 den Devis estimatif vun der Boudersberger Schoul. Dat ass d'Remplacemant vun der Détection incendie, wou am Fong den Désenfumage an de Cablage muss frësch gemeet ginn. Do gëtt och mam Hall sportif, also mat den Annexen niewendrun ass och eng Liaison gemeet an och d'Detectioun, déi muss ersat ginn. Et ass en Devis vu 75.000 Euro fir dass do am Fong och d'Normen dann déi richteg sinn. Dat zu den Erklärungen dozou. Si Froen dozou? Ass de Gemengerot mat deem Devis averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech lech Merci.

3.8. EXTRAORDINÄR SUBSIDEN

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): An da komme mer bei d'Subsides extraordinaires. Do wär dann e Subsid vu 65€ fir d'Fondatioun Lëtzebuurger Blannevereengung fir hir Aktivitéite fir d'Joer 2020. An 125 Euro fir d'Associatioun Lëtzebuerg Alzheimer, d'ALA. Huet de Gemengerot Froen? Jo, Här Thill.

JOSEPH THILL (DÉI LENK): Jo, effektiv just d'Fro wéi de Schäfferot déi Subsidé festleet. Also ech hunn déi 125 Euro fir d'ALA net vill fonnt fir eng Associatioun, eng ASBL, déi hei an der Gemeng schafft an e Foyer de Jour bedreift. Dofir déi Fro, wéi kommen déi Montante vun deene Subsides extraordinaires zustane. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci. Nach weider Froen? Am Fong alignéiere mir eis hei. Dat hei si jo Demanden, déi all Joers erakommen a mir alignéieren eis un deene Montanten, déi mer déi lescht Joren ausbezuelen hunn. Deelweis u Veräiner, déi eng Cotisatioun froen. Dir hutt d'ALA ugeschwat. Der ALA komme mer wat hire Foyer de Jour ugeet aneschtens jo och entgéint, wou mer den Entretien vun den Alentoure maachen, iwwer d'RMGs Equipe an d'CIPLs- Equipe, wou



mer jo och an d'Gebai investéiert hunn. Ech mengen, dass mer vis-à-vis vun där Associatioun, respektiv hu mer jo och d'Decisioun geholl, dass mer eis bei hinnen akafen. Mer hunn eng ganz Rei Méiglechkeeten, wou mer d'ALA iwwer d'Joer ënnerstëtzen. Voilà. Soss nach weider Froen? Ass de Gemengerot mat deenen zwee Subsidies extraordinaires averstanen? Jo? **Et ass unanime.** Da soen ech lech Merci.

4. ENSEIGNEMENT FONDAMENTAL - MODIFIKATIOUN VUM "RÈGLEMENT D'OCCUPATION DES POSTES"

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

An da gi mer iwwer op de 4. Punkt. Dat ass den Enseignement fondamental, d'Modification vum "Règlement d'occupation des postes". An do ginn ech hei dem Josiane Di Bartolomeo-Ries, och a senge Qualitéiten als Präsidentin vun der Schoukkommissioun, d'Wuert.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN):

Jo, Merci Här Buergermeeschter. Fir unzufänke villäicht: Zur Ëmännerung vum Reglement vun der Occupation des postes. Dat war e bëssen hin an hir, well et grad um Ufank war, wou mer vun der Kris getraff gi sinn wou mer et an der Schoukkommissioun sollten diskutéiere. Dun hunn et vum Ordre du Jour geholl an op de 9. Mäerz verluecht an do nëmmen de Reglement „Occupation des postes“ op den Ordre du Jour geholl. Ech muss awer soen, dass eise Service Enseignement, den Ern, sou wéi d'Direktioun relativ vill anerwäerts beschäftegt waren, well mer einfach an der Kris waren an aner Saachen ëmmer rëm virrangeg ware vis-à-vis vum Reglement. Nach hu mer et an der Kommissioun dunn diskutéiert. Wat eis ëmmer nach gefeelt huet, dat war eigentlech: Wéi setze mer den Aarbechtsgrupp vun der Schoul Lenkeschléi dran? An ech mengen och do hu mer dann zwar kuerzfristeg lech dat zoukomme gelooss. Mer haten awer an der Schoukkommissioun laang virdrun diskutéiert. Wat d'Reglement ubelaangt, do ass grondsätzlech déi gréissten Ännerungen, déi hutt Der virleien – alles wat am gréngen do steet, dat sinn am Fong Ëmännerungen, déi souwisou per Gesetz virgesi sinn. Do kommen d'Instituteur-Stagiären dobäi an och d'Chargéen. Déi Ëmännerungen, déi krute mer och esou vun der Direktioun proposéiert, a mir hunn déi dann och erageholl.

Da kommen ech zu deem Punkt, deen am Roude geschriwwen ass. Dat ass eigentlech: Wéi kréie mer den Aarbechtsgrupp integréiert an dat Reglement? Mir hu relativ vill diskutéiert. Mir haten och d'Präsidenten

derbäi an och d'Avise vun de Komiteeën. An déi sinn ëmmer rëm bëssen ausernee gaangen. Do waren d'Meeninge verschidden. Nach ass et awer sou, dass den Aarbechtsgrupp fënnef Joer laang geschafft huet hei un deem Konzept. An da war et och kloer fir eis, dat si misste Prioritéit kréien. Mir sinn eis dunn herno, dee Saz deen – ech kann lech en och virlesen, mee ech mengen, Dir hutt en all virleien – si mer eis eens ginn, datt deen Aarbechtsgrupp, sou wéi en dann elo besteet, fir véier Joer kéint op der Klass, also sech seng Klass eraus-sichen an där Schoul. An dann ass et och sou, dass de SCRIPT soll e Monitoring maachen, an där Schoul. Am Ufank war geschwat gi vun aacht Joer. Mir sinn eis awer an der Schoukkommissioun eens ginn, dat fir véier Joer ze maachen an dann no véier Joer kéint een eng Kéier kucken, wéi et sech entwéckelt.

An dofir war d'Propos dann, dee Saz hei eranzebréngen, deen Der hei virleien hutt. Fir déi Leit, déi sech dann déi Klassen, déi nach op sinn an der Schoul Lenkeschléi – et ass jo net all Klass besat, den Aarbechtsgrupp ass net esou grouss – do ass gesot ginn, dass déi Leit, déi sech wëllen dohinner mellen, dat solle maachen. Se maachen eng Lettre de motivation mat enger Demande d'affectation fir déi Klassen, déi nach op sinn. Dann ass et de Buergermeeschter, mam Avis vun der Direktioun kann decidéieren, wie mer op déi fräi Klasse setzen, déi op der Schoul Lenkeschléi sinn. Ech weess net ob den Ern – deen ass och bei eis – ob deen nach iergend eppes dozou ze soen huet. Mee dat hei ass d'Propos. Déi ass un d'Schoukkommissioun nach eng Kéier erausgaangen. A wéi gesot, Remarque krute mer keng méi. Mer wäerten awer der ROP – an ech muss dat ganz kloer soen, ass warscheinlech nächst Joer rëm eng Kéier um Ordre de Jour – mer haten an der Schoukkommissioun, vu que datt mer et verréckelt haten, nach zwou Proposen erakritt, déi awer dunn ze kuerzfristeg waren an déi huele mer da fir d'nächst Joer nach eng Kéier mat ran. Voilà, Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci Josiane, fir déi doten Erklärungen. Ech begréissen och den Här Ferrari hei an eiser Ronn. D'Diskussioun ass op. Madame Kayser.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV):

Jo Merci Här Buergermeeschter. Ech wëll och nach der Schoulschäffin, dem Josiane Di Bartolomeo Merci soen, och fir déi ausféierlech Äntwerten, op der CSV hir Froen zum Bildungshaus Lenkeschléi, déi de Gemengerot eis schrëftlech ginn huet. Do wollt ech och nach eng Kéier drop agoen. Villmools Merci. An ech wollt och nach eng Kéier betounen: Et war kee schlechte Wëllen, dass mer déi Froe gestallt hu virun der Schoukkommissiounssëtzung. Mee mir hu fonnt, dass d'Zäit gedrängt huet. Virun allem fir de Kanner an dem Léierpersonal



aus der Waldschoul, awer och aus der Schoul Brill a Strutzbierg ze erklären, wat d'nächst Joer op se duerkéim. An an zwou Schoulkommissiounssätzungen hu mer eis mat der Schoul Lenkeschléi hirem Konzept, hirem Anzugsgebitt, hirem Personal beschäftegt an ech huelen un am Mee bei der Gemengerotssätzung, wou mer dann iwwert déi provisoersch Schoulorganisatioun schwätzen, kréie mer dat och alles hei in extenso virgeluecht.

Haut geet et ëm dat nei Reglement fir d'Occupatioun vun de Posten. Et ass wéi d'Madame Di Bartolomeo gesot huet: An der Schoulkommissioun gouf sachlech, konstruktiv diskutéiert an och argumentéiert. An och dofir e grouse Merci, och un de Joël Mischaux, eise Schouldirekter. Un den Här Erni Ferrari an un all eenzele Member aus der Schoulkommissioun. Firwat hu mer haaptsächlech den ROP missen op de Leescht huelen? Madame Di Bartolomeo, Dir hutt et gesot: Verschidde Virgabe vum Ministère hunn en Ajustement vum ROP verlaangt. Dat hu mer gemaach. Villes war jo och scho bei de leschten Adaptatiounen festgehale ginn an ass och elo hei net a Fro gestallt ginn. Et ass och villäicht wichteg, dat ze soen. Eis alleguer, souwuel an der Schoulkommissioun wéi am Gemengerot ass et ëmmer wichteg, dass eng Stabilitéit am Zyklus gewahrt bleift. Dass d'Kontinuitéit vum Enseignement vun zwou Joer, wa méiglech, bestoe bleift – Also dass eng Klass hir Joffer, hiren Här Lehrer behält, während engem ganzen Zyklus. Dat war och eng vun deenen Ursaachen, firwat mir d'Fro gestallt hate vu Säite vun der CSV, wéi et dann elo fir d'Kanner aus der Waldschoul geet, wann d'fënneft Schouljoer – loosse mer et mol nach sou nennen – an d'Bildungshaus Lenkeschléi integréiert gëtt. Behalen déi Kanner, déi Joffer, déi se och am fënnefte Schouljoer hunn, fir déi Entitéit vum Zykle ze bewaren? Och nach eng Kéier meng Fro lo: Ass dat och deem lo sou gewahrt ginn a war och dat esou an der Elterereunioun, déi och duerno mat de Kanner hiren Elteren, déi Kanner, déi an der Waldschoul sinn, war, ass dat och esou eriwuer komm?

Och gutt ass, dass d'Précoce-Ekipp weiderhin zesumme ka bleiwen – d'Éducatrices an d'Spillschoulsjoffer. Och gutt ass dass eis Stagiären, wa se de Stage gepackt hunn, och d'Recht hunn hir Klass dat zweet Joer an den zweeten Zyklus ze begleeden. Wéi gesot, dat fanne mer alles tipp topp. Bon, d'Madame Di Bartolomeo huet et scho gesot gehat: Virun allem ass et awer drëms gaangen, eis Equipe ronderëm d'Schoul Lenkeschléi, där eng Méiglechkeet ze ginn, hiert Konzept, hire Projet, an hiren neier Schoul dierfen ëmzesetzen. A mir vun der CSV hunn eis och ëmmer dofir staark gemaach an d'Diskussiounen waren effektiv hin an hier gaangen, wéi laang d'Schoulpersonal dann d'office an där neier Schoul affektéiert bleift. Aacht Joer ware virgeschloe ginn. Mir hunn och persé-

inlech fonnt, dass dat immens laang wier a mir hunn eis och fir déi véier Joer, déi elo zréckbehale sinn, agesat. A mir fannen dat ech ganz rasonabel. Dat sinn zwee Mol e ganzen Zyklus vun zwou Joer. Ech denken, domadder kann een awer scho säi Projet wierklech realiséieren.

Warscheinlech ass et jo och souwisou esou, dass et, wéi et och an deenen anere Schoulen hei zu Diddeleng ass, och op Lenkeschléi e Stack Schoulmeeschteren a Joffere wäert éiweg bleiwen. An et muss een awer och trotzdem eng gewëssen Overture fir nei Leit offréieren an awer och eng Méiglechkeet bidden, fir d'Léierpersonal, déi villäicht no zwou Joer soen: Hei dat doten ass awer wierklech net esou dat, wéi ech mer dat virgestallt hunn – deenen d'Méiglechkeet ze ginn, och déi Schoul nees ze verlossen. Dat waren och déi Diskussiounen, déi an der Schoulkommissioun gelaf sinn. D'Fro, déi sech awer elo fir Lenkeschléi stellt, dat ass eng ganz pertinent Fro. Dat ass: Wéi maache mer et dann elo mat den Educateuren aus der Maison Relais-Struktur, déi jo och op de Site soll kommen an déi jo och ganz staark agebonne gëtt an de ganze Projet? Mir stëmmen herno een Educateur gradué-Posten, fënnef Educateur diplômé-Posten an aacht Aide-Educateuren. Déi sinn haaptsächlech néideg, dass mer déi Poste kreéieren, fir eben an där Maison Relais op Lenkeschléi an der neier Schoul, aktiv ze ginn.

Do ass et elo meng Fro: Wéi maache mer dat elo? Maache mer do och am Kontrakt eng genau Beschreiwung, op wéi engem Site déi Educateure sollen affektéiert ginn? Dat hate mer bis elo net gemaach. Sou wäit ech weess, ass dat net offiziell op jidde Fall an hirem Aarbechtskontrakt dran. Wa mer dat maachen, dat kann eng Chance sinn. Eng Chance, dass mer Educateuren hunn, déi dat Konzept hei matdroen. Wat sécher komplett anescht ass, wéi an deenen anere Maison Relais: Hei ass eng vill méi enk Vernetzung Schoul-Maison Relais. Et gëtt en Educateur, deen ass en Educateur référant fir eng Klass vum Beispill. Dat ass jo awer e komplett aneren Aarbechtsopwand, éischtens emol, awer och eng aner Aarbechtsphilosophie, wéi mer et bis elo haten. Et kann awer och eng Belaaschtung sinn, och fir d'Gemeng, wa mer zum Beispill Besoinen op engem anere Site hunn duerch Congé maternité, Congé de maladie, Kénnegungen – Do musse mer eis awer wierklech nach eng afale loosse, wéi mer dat da kloer fixéieren. Och do musse mer den Educateure villäicht eng Méiglechkeet ginn, méi laang op deem Site ze bleiwen, bezéiungsweis awer och eng Méiglechkeet ginn, fortzegaen, wa se sech elo net mat deem Projet kënnen identifizéieren. Ech denken, do musse mer eis awer lo nach eng iwwerleeën oder villäicht hutt Dir do schonn eppes in petto, villäicht kënnt Dir eis do schonn Explikatiounen ginn.



Mir hunn och explizitt an eisem neie Règlement d'ordre d'occupation de postes de Groupe de travail Lenkeschléi net tel quel genannt. Mir hunn et nominell net rabruecht a mir hunn et global gehalen. An dat fanne mer och ganz wichtig, dass, wa mer zum Beispill eng aner Schoul hunn, déi och mat der Maison Relais wëll zesummen en anere Projet ausschaffen, oder an eng komplett aner Richtung wëll goen, dass mer och do d'Méiglechkeet deene Leit, déi an engem Groupe de travail sinn, och déi Schoul kënnen véier Joer laang an där Schoul kënnen Schoul halen, fir hire Projet ze realiséieren. Villäicht kënnt en neie Projet, wa lo d'Maison Relais Ribbeschpont méi no bei d'Schoul Ribbeschpont plënnert, wëll mer jo och do en Neibau maachen. Villäicht kënnt en neit pedagogesch Konzept wa mer op NeiSchmelz eng Schoul mat Maison Relais bauen. Villäicht kënnt och eng komplett nei Iddi, wéi zum Beispill eng Bëschschoul, wann iergendee sou e Projet wëll realiséieren. Da muss dat jo och ausgeschafft ginn. Mir wollte lo dat net explizitt just fir d'Lenkeschléierschoul maachen, mee mir wollten eis do dat ophalen. A mir als Gemengerot, mengen ech, mir si lo och an der Schoulkommissioun souwisou, mir sinn ëmmer oppen, wa Leit wëllen nei Piste goen, fir déi ze steieren an dann ze accordéieren, wann et méiglech ass.

D'Madame Di Bartolomeo huet et och scho gesot: Dëse Changement vum ROP ass och eng Momentopnam an et ass gesot ginn, dass mer warscheinlech nach wäerten domadder befaasst ginn, well et war och d'Iddi komm: Wéi eng Prioritéit gi mer de Schoulpresidente bei der Wiel vun hire Klassen? Dat si Proposen, déi och nach op den Dësch wäerte kommen. Ech hunn awer och nach eng Fro iwwer d'Waldschoul. Dat enchainéiert lo bësselche meng Fro, déi ech gestallt hat am Numm vun der CSV: Et huet geheescht, d'nächst Joer gëtt d'Waldschoul ëmgebaut. Do soll e Konzept ausgeschafft ginn. Ech vermëssen awer – ech hat nach eng Kéier nogekuckt am Konzept global Diddeleng 2025: Sport et éducation – do hate mer lo nach keng kloer Linn, wéi d'Waldschoul sollt ëmgewidmet ginn an ëmgebaut ginn. An et huet geheescht, dat wäeren an deem Konzept, an dem Concept global stoung, dass dat e „Besoin de reinvestissement à moyen terme“ wier. Dat heescht net „à court terme“, mee „à moyen terme“. Ech froen dat och explizitt, well et huet geheescht, d'nächst Joer soll do eppes gemaach ginn. Wa mer lo – loosse mer lo net den Däiwel un d'Wand molen, mee et weess ee jo net, wéi et geet – wa lo de Confinement an déi Situatioun, déi mer momentan hunn, méi laang unhält, wann de Bau Lenkeschléi net ka sou virugebaut ginn, wéi mer et brauchen, ass do ugeduecht ginn, dass een awer eventuell d'Waldschoul nach e weidert Joer kéint tel quel lafe loossen, wa mer déi Schoul net fäerdeg kréien? Ass do och villäicht ugeduecht ginn, de Congé collectif do eng Dispense ze froen, wann d'Méiglechkeet do ass, fir de Bau weiderzeféieren? Si villäicht awer nach Froen, déi awer d'Leit dobaussen interesséieren. D'CSV begréisst dësen ROP an ass, wéi all Joer, och iwwerzeegt dass och d'nächst Joer an och d'Joren duerno, all Diddelenger Kaner optimal encadréiert gi vun eisem treien, motivéierten a kompetente Corps d'Enseignants. An dofir droe mir natierlech selbstverständlech och dësen ROP mat. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci der Madame Kayser fir hir Stellungnam. Weider Stellungnamen? Den Här Thill, dann d'Madame Goergen an dann den Här Zuang.

JOSEPH THILL (DÉI LENK): Merci. Eigentlech méi eng Fro, wéi eng Stellungnam. Wat d'Stellungnam ubelaangt ass de Règlement d'occupation des postes sou en typescht Reglement, wou et schwéier, respektiv bal onméiglech ass, jidderengem et gerecht ze maachen. Mir fannen dee Projet an déi Aarbecht, déi d'Schoulkommissioun gelescht huet, ganz gutt. Mir schléissen eis dann deem Projet och un. Meng Fro, déi ass allerdéngs am Aleedungstext. Do steet, de Gemengerot géif den Text gutthalen, deen an der Annex steet. An der Annex stinn awer zwee Texter: Ech nenne se lo mol e Gréngen an e Rouden. Déi Texter sinn och verschidden, an dofir wollt ech wëssen, wat fir een eigentlech elo deen ass, dee schlussendlech zeréckbehale gëtt. Oder gëtt do nach eng koordinéiert Versioun vun deenen zwee erstallt? Dat war eigentlech meng Fro. Ech soe Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci Här Thill. Madame Gorgen.

ROMAINE GOERGEN (DÉI GRÉNG): Merci Här Buergermeeschter. Also ganz allgemeng ass et wichtig, dass kloer Reegele bestinn, wat d'Verdeelung vu Poste betrëfft, fir dass een onnéideg Reiwereie ka vermeiden. Dat ass natierlech och de Fall bei der Besetzung vun de Posten an der Schoul an hei am Fundamental, mat deem mer eis befaassen. De Reglement dee mer virleien hunn entsprécht dëse Konditiounen. Et gëtt eng Logik, déi och fir Net-Insider nozevollzéien ass. Dëst Joer ass allerdéngs lo en Zousaz bäikomm, deen aus der Rumm fällt. Dat ass den Zousaz fir d'Schoulmeeschteren an d'Léierinnen, déi an engem Groupe de travail matgeschafft hunn. Ab deem nächste Schouljoer betrëfft et zukünfteg Léierpersoune vu Lenkeschléi, mee duerno kann et och nach aner zukünfteg Aarbechtsgruppe betreffen. Dofir ass et wichtig, méiglechst transparent a virsiichteg virzegoen. Mir sinn der Meinung, dass et soll méiglech sinn, Leit déi eppes iwwert eng laang Zäit ausgeschafft hunn ze beloune mat engem Startvirdeel. Awer et soll net eng nei Kategorie vu Léierpersoune geschafe ginn, déi privilegiert si par rapport zu deenen aneren. D'Zil muss jo sinn, d'innovatiivt Schoulhalen op all Schoulen z'iwwerdreien – besonnesch, wann et sech als efficace erweist.

Déi nei Schoul Lenkeschléi soll jo engersäits anescht fonctionéiere wéi all déi aner Schoulen zu Diddeleng. Se beweegt sech awer anersäits absolut an der Rumm vun de Virschléi a virun allem vum national virgeschriwwene Programm vum Ministère. An anere Wieder: Et ginn an där Schoul modern pedagogesch Zilsetzunge verfollegt, déi an änlecher Form och vun anere Léierinnen a Schoulmeeschtere scho praktizéiert ginn. Et war jo och méiglech se am PDS niderzeschreiwen. Dofir hätte mir nach gär eng Rei Prezisiounen zu der Handhabung vun dëser Ausnam. Säit der Zesummesetzung vum Groupe de travail Lenkeschléi gouf et Fluktuatiounen. Déi éischt Iddien, déi dem Gemengerot presentéiert gi sinn, waren och net grad déi selwecht, wéi dat wat mer lo als



Konzept virleien hunn. Dofir meng Fro: Aus wéi ville Leit huet den Aarbechtsgrupp dann zum Schluss bestanen an a wéi engem Rhythmus huet e geschafft? An anere Wieder: Wéi vill Léierinnen a Schoulmeeschtere kommen a Fro als Ufanksekkipp? Waren och Educateurs an Educatrices am Groupe de travail? Géifen déi dann och speziell berécksiichtegt ginn? Eng wichteg Fro ass och, ob et eng Job description gëtt. Ass iergendwou festgehalten, wat zousätzlech zu hirer normaler Tâche verlaangt gëtt? Wann et dat gëtt, muss d'Ufanksequipe an zukünftegt Léierpersonal sech engagéieren, konform dozou ze sinn? Ass dat virgesinn an enner wéi enger Form? No wéi enge Krittäre ginn déi Léierpersounen, déi zousätzlech zum Groupe de travail kommen, op hirem Posten an der Schoul Lenkeschléi agesat? Do misst jo dann d'Anciennetéit zielen, oder ass et anescht virgesinn? Ginn déi Leit da bestëmmt fir zwee Joer – d'Zäit vun engem Cycle? Oder och fir véier Joer? Muss jiddwereen, dee sech mell, eng Lettre de motivation schreiwen a wien entscheet, wie geholl gëtt no Oflaf vun deenen éischte véier Joer? Gëlt dat selwecht fir d'Educatrices an d'Educateurs? D'Madame Kayser war virdrunner och schonn op déi Fro agaangen. Mir plaidéieren dofir, dass déi Schoul Lenkeschléi no deene virgeschloene véier Joer, déi e gudde Kompromëss sinn an deen an der Schoulkommissioun jo ausgeblech diskutéiert gi sinn an och mat eiser Schäffin opgemaach gëtt, fir all Léierinnen a Schoulmeeschteren an dass do déi üblech Anciennetéit spillt. Se solle sech awer un d'Rumm an un d'Zilsetzunge raliéieren. Merci, dat wär alles dozou.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER):

Merci Madame Goergen. Den Här Zuang.

ROMAIN ZUANG (LSAP): Merci Här Buergermeeschter. Wéi gesot, et si ganz vill Saache scho gesot ginn, mee egal. Den ROP Versioun 2018 huet also missten à jour gesat ginn. Ass et dach säit jeehier zu munchen Ännerungen, respektiv Neierunge komm. Beispillsweis op wat fir enger Lëscht, respektiv a wat fir enger Reiefolleg d'Stagiären, d'Instuteur/trice, déi jo och grad wéi och d'Quereinsteiger – Saachen, déi et also nach net 2018 gi sinn – e Poste wiele kënnen. Souwuel d'Direktioun, wéi d'Presidenten an d'Presidentinnen, awer och d'Ressortschäffin mam Service Enseignement hunn déi noutwenneg Adaptatiounen, Korrektoren an och Propositionen zu deem ROP, dee mer haut virleien hunn, gemeet. An der Schoulkommissiounssëtzung vum 9. Mäerz hu mer haaptsächlech iwwer d'Dauer vun der Prioritéit, d'Posten an der neier Schoul Lenkeschléi kënnen ze wiele fir d'Membere vun dem Aarbechtsgrupp, deen d'Konzept ausgeschafft huet, diskutéiert. Dass d'Leit, déi am Aarbechtsgrupp säit 2015/16 bis haut an enger Hällewull Reuniounen deelgeholl hunn, fir d'Konzept auszuschaffen, nodeem déi nei Struktur soll funktionéieren, Prioritéit sollte fir d'Posten ze besetzen hunn, ass a kengem Moment ugefecht ginn. Zu deem Moment, wou mer an der Schoulkommissioun souzen, louch och nach keng Proposition de texte vu Säite vun der Direktioun vir, vu dass den Direkter am permanenten Asaz an der Cellule de crise Corona war, an zäitlech et net hikrut, den Text ze redigéieren.

An der Proposition, déi mer hei virleien hunn, ass den Diskussiounen, déi an der Schoulkommissioun gefouert gi sinn, Rechnung gedroe ginn an d'Durée vun der Prioritéit, e Posten ze vielen an der Schoul Lenkeschléi ass op véier Joer festgehalten, wat inette war dem Zäitraum, wou d'Aarbechtsgrupp geschafft huet, entsprécht. Ech ginn dovun aus, dass dëst natierlech och fir d'edukatiivt Personal, wat och an dem Aarbechtsgrupp matgeschafft, zoutréfft. Während där Zäit vun deene véier Joer, soll also och e Monitoring iwwer de Fonctionnement vun der Ëmsetzung vum Konzept um Terrain vun SCRIPT, respektiv der Uni gemeet ginn an no véier Joer e Bilan presentéiert ginn. Mir begréissen och, dass déi Klausel drasteet, dass all interesséierten Enseignant, deen net am Aarbechtsgrupp war, am Virfeld muss wëssen, dass en sech am Fall wou en e Posten an där neier Schoul Lenkeschléi wiert, sech verpflichtet am Sënn vum Konzept ze schaffen. En plus muss deejäinegen nach eng Lettre de motivation un de Buergermeeschter adresséieren. Natierlech fir d'éischt un den Direkter, deen eis dat ugekënnegt huet, dass en dat natierlech ganz streng mat deemjäinege wäert duerchdiskutéieren, fir do keng Zweiwelen opkommen ze loossen, dass ee sech do einfach an en Nascht sëtze geet a mécht, wéi wann een näischt mat der Saach ze dinn hätt.

Da liesen ech och am Textpassage iwwert den Aarbechtsgrupp, dass dësen net extra spezifesch elo fir Lenkeschléi geschriwwen ass, mee dass en allgemeng ass. Dat heescht all Kéiers wann en, wéi et hei steet: „Les enseignants et enseignantes qui ont participé ou participeront aux réunions d'un groupe de travail mis en place par les autorités communales“. Dat heescht also, hei schwätze mer net elo spezifesch fir Lenkeschléi, mee dat heiten trëfft zou, wann eng Kéier en neie Projet eng Kéier op denge kënnt, beispillsweis am Quartier Neischmelz, wou eng gréisser Struktur gebaut gëtt, déi villäicht déi Saach anescht gesinn, oder wéi d'Madame Kayser gesot huet, wann eng Kéier eng Bëschschoul oder sou, dass een dann och do all Kéiers deen doten Textpassage am Fong geholl kann do applizéieren. Bon, am grouse Ganzen ënnerstëtze mir natierlech den ROP, ganz kloer. Mee, wéi mer awer och gemierkt hunn, kommen ëmmer rëm nei Spezifizitéiten. An der Schoulkommissioun hate mer dann och déi Geschicht vun engem President, dee schonn erëm eng Kéier eppes ugemellt huet, grad wéi eis Leit vum Prescolaire, sou dass ech also iwwerzeeget sinn, dass mer net haut fir d'lescht iwwert dësen ROP geschwat hunn an an den nächste Joren nach warscheinlech zu där enger oder anerer Adaptatioun komme wäerten. Ech soen lech Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER):

Merci villmools dem Här Zuang. Nach weider Stellungen? Dat ass net de Fall. Da ginn ech d'Wuert weider un d'Josiane.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP - SCHÄFFIN):

Merci mol fir är Remarken. Ech probéieren op alles anzegoen. Wann ech elo eppes net géif beantweren, dann den Här Ferrari ass och do, fir eis déi néideg Äntwerten ze ginn. Ech fänke u mat der einfachster Fro. Dat ass dem Här Thill seng. Firwat ënnerschiddlech Faarwen?



Déi gréng Texter, déi gréng gestrach sinn, dat kënnt vun der Direktioun. Dat sinn d'Propose vun der Direktioun. An déi rout, dat sin d'Proposen vun der Schoulkommis-sioun. Dofir, dat ass nëmmen een Text an et sin net siwen Texter an herno gëtt alles schwaarz. Da sinn e ganze Koup Froe komm. Villäicht fir d'éischt emol, dat betrëfft d'Madame Kayser an och d'Madame Goergen: Déi Saach vun den Educateuren. Also bei den Educateu-ren ass et net esou, wéi am Enseignement, datt den Educateur sech all zweek Joer en neie Poste wielt. Also hei ass schonn déi zwee Educateuren, déi Graduéeen, déi de Moment am Aarbechtsgrupp sinn, sinn an der Lenkeschléi mat dobäi. Déi wäerten och dohinner schaffe goen. De Rescht gëtt fir d'éischt iwver d'Recrutement interne gemaach, wou mer d'Leit froen „Sidd der bereet, an där Schoul matzeschaffen?“ A wa jo, dann ass et ganz kloer, datt déi sech dem Konzept unzepassen hunn. Also dat wëll ech lo mol einfach soen. Also ech mengen do sinn eng ganz Rei Leit, déi bereet sinn, an där doten Aart a Weis ze schaffen. Et ass e bëssen eemoleg. Wuel schaf-fen d'Maison Relais zesumme mat de Schoulmeesch-teren, mee hei ass vun Ufank un zesummen ausgeschafft ginn, mat souguer d'Ausriichtunge vun de Säll an och wéi d'Schoul soll funktionéieren. Dofir soen ech, mir fuere fir d'éischt iwver de Recrutement interne, well mer sécher Leit hu beim edukative Personal an de Maison Relais, déi do wëlle matmaachen. An dann herno déi Creation de poste. Jo, wa mer der op verschiddene Plazen ofzé-ien, well déi wëllen an der Lenkeschléi matschaffen, da musse mer natierlech Neier aschaffen. An am Kontrakt beim Educateur steet ni dran, op wat fir engem Site en ass. Also et ass ganz kloer: „Du bass Educateur“, awer et steet net spezifesch dran, „Du gëss elo an deem oder an deem Gebai agesat“.

Dann nach d'Saache villäicht vun der Madame Goergen: Ech wëll einfach soen, déi Leit déi lo hei drastinn, déi Schoulmeeschteren an deem ROP – dat si keng privilegéiert Leit. Mir schafen hei kee Privileeg fir Leit. Ech muss soen, Dir verstitt dat villäicht net esou: Hei si Leit, déi hu fënnef Joer laang an engem Aarbechtsgrupp geschafft, fir sou e Konzept op d'Been ze stellen. An ech fannen einfach, do kann een dann net méi vu Privileeg schwätzen, well et ass all Schoulmeeschter erlaabt, e Konzept auszuschaffen a sech fënnef Joer laang eemol d'Woch wéinstens dohinner ze setzen, fir sou eppes ze maachen. Dofir kann ech hei net vu Privileeg schwätzen. Ech fannen hei gëtt einfach d'Engagement, wat d'Leit bruecht hu belount. Méi ass et net. A selbstverständlech wäert all aneren, dat wann e sou eppes mécht, och deementspriedend an deem ROP kënnen agesat ginn. Villäicht nach: Jo bon, ech hat virdu scho gesot. D'Schoulmeeschteren, déi Klassen déi nach op sinn, wann do Schoulmeeschtere sech mellen oder Schoulmeeschterinnen, ass effektiv iwver Lettre de mo-tivation eng Demande d'affectation. A wéi ech et gesot hat, fir d'éischt gëtt d'Demande un de Buergermeesch-ter gemaach an dat gëtt da sur avis vun der Direktioun, deen och mat deene Leit e Gespréich wäert féieren, wäerten déi Leit dann affektéiert ginn an d'Lenkeschléi.

D'Madame Kayser hat nach gefrot: Dispens vum Congé collectif, wann d'Gebai net fäerdeg géif ginn. Ech men-gen, Dir wësst selwer, dass all Bau gestoppt ass. Den

Här Buergermeeschter huet et am Virfeld scho gesot. Mir komme warscheinlech do a Verzug. Nach muss ech soen, éischtens d'Dispens vum Congé collectif huet d'IBB schonn ugefrot. Dann awer och datt si duerchaus bereet sinn, an zwou Schichten ze schaffen. Mir mussen awer nach kucken, wéi d'Situatioun sech entwéckelt, well et ass net d'Firma selwer, déi baut oder hir Leit, mee de Problem gëtt et warscheinlech bei de Liwwerunge wou mer kréien. Mir plangen awer trotzdeem d'Schoul Len-keschléi, wéi wa se géif opgoen. Wa mer a Verzug kom-men, da musse mer effektiv eng Waldschoul weiderlafe loossen, kucke wéi laang. D'Waldschoul, do si mer an en-ger Situatioun, wou mer net méi mussen d'Waldschoul hunn. Mir brauche se lo, well d'Gebai villäicht net fäerdeg gëtt, mee d'Konzept Bëschschoul, jo dat muss da leider e bëssen no hanne gesat ginn. Dat si mer eis bewusst. Dat kritt dann och Verzug. Mee ech mengen et ass hei awer net méi, datt mer musse wierklech do ënner Drock setzen. D'Waldschoul – sécher, a Lenkeschléi sinn et méi Klassen, déi sollen opgoen. A mir hunn do e Plang prett, egal wat kënnt. Ech muss soen, do si mer gutt organi-séiert. Ech mengen, ech hätt elo all d'Froer beäntwert, oder ass nach eng?

ROMAINE GOERGEN (DÉI GRÉNG): Merci. Also bei mir si lo net grad all d'Froer beäntwert ginn. An ech wëll awer och nach eng Kéier kloerstellen: ech hu deen Term privile-géiert do gesot a wëll präziséieren wat dermatt gemengt ass. Mir sinn der Meenung, dass déi Leit déi an engem Aarbechtsgrupp sech engagéiert hunn a laang geschafft hunn, dass déi e Startvirdeel solle kréien. Mir waren abso-lut d'accord mat deene véier Joer. Mee just dat wou ech wollt insistéieren – an do hunn ech vu Privileeg geschwat – dat heescht, déi sollen awer net ad infinitum kënnen an der Schoul bleiwen. An dat wëll ech lo nach eng Kéier kloer gestallt hunn. An déi Fro, déi Der lo net wierklech beäntwert hutt, ass, wéi vill Leit, dass da vun Ufank un dann dobäi sinn a wéi déi Saach gehandhaabt gëtt bei deem Léierpersonal, wat nach zousätzlech bäikënnt. Op déi dann och véier Joer fest do sinn oder nëmmen zwee Joer fir en Cycle. Voilà. Ech mengen de Rescht war alles beäntwert. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci Madame Goerge. Madame Kayser.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, ech hat och nach eng Zousazfro. Et ass elo gesot gi bei den Educa-teuren, et sinn zwee Graduéeen déi sinn am Grupp. Déi gi mat eriwver geholl. An da maache mer e Recrutement interne. Mee ënner wéi enger Form mussen do d'Edu-cateuren eng Lettre de motivation och matginn, wa se wëllen an de Grupp schaffe goen? Dat ass villäicht eng Fro, déi awer net onwichtig ass. An dann ass meng Fro: Wa mer wierklech a Verzug kommen a mer kënnen de 15. September d'Schoul net opmaachen op Lenkeschléi, wéi geet et da mat de Logos-Klassen? Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci. Nach weider Stellungnamen?

JOSEPH THILL (DÉI LENK): Jo Merci. Ech hat den Androck, datt net nëmmen d'Faarf vun den Texter



verschidde wär, mee och den Inhalt. Also ausser wann ech elo wierklech net gutt gekuckt hunn. Dofir stellen ech meng Fro dann nach eng Kéier:

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER):

Wat ass dann den Ënnerscheid par rapport zum Inhalt? Da muss Der och kloer präziséieren, wou Der den en Ënnerscheid am Inhalt gesitt.

JOSEPH THILL (DÉI LENK): Ech mengen, an der Reieffolleg zum Beispill. Am rouden Text, do sti méi Etappe wéi am gréngen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER):

Ok, mee Dir musst kloer präziséieren. Et geet net duer ze fuerderen. Da sot eis och kloer wou, da kann een och kloer drop äntweren.

JOSEPH THILL (DÉI LENK): Et ass d'Reieffolleg. Also déi Zuel vun den Etappen, zum Beispill, déi et gétt, bei deene verschiddene Lëschten.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER):

Ok, et ass gutt. Merci. Ech mengen dorobber kënne mer agoen, respektiv den Här Ferrari kann drop agoen, respektiv d'Madame Di Bartolomeo. Josiane, Du fir d'éischt an dann den Erni.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP - SCHÄFFIN):

Gutt, ech hat et effektiv vergiess. Wien ass am Aarbechtsgrupp, wéivill Leit sinn do dran? De Moment hu mer sechs Schoulmeeschteren, déi am Aarbechtsgrupp dra sinn. Do ass awer een dobäi, deen huet Appui. Ech wëll do soen, do ass am Fong just d'Madame aus der Waldschoul, d'Schouljoffer aus der Waldschoul, déi mer mat eriwwer huelen. Well mer de Cycle jo net wëlle brieche, hu mer proposéiert, si mat eriwwer ze huelen. Si ass och scho säit Januar mat am Aarbechtsgrupp dobäi, sou datt si och Prioritéit huet, fir do mat eriwwer ze goen. Déi aner, jo déi mussen effektiv eng Lettre de motivation schreiwen an och a Virstellungsgesprécher goen. Dat sinn da lo de Moment zwou Klassen, déi op sinn. An eng, déi nach net ganz sécher ass, ob déi Schouljoffer iergendwou anescht affektéiert gétt an engem anere Beräich. Also am Moment sinn et siwe Schoulmeeschteren an zwee Educateurs. Villäicht der Madame Kayser hir Fro nach. Jo, effektiv, wa mer Recrutement interne maachen, da ruffe mer déi Leit. Dat heescht jiddereen dee sech do melt, gétt awer an e Virstellungsgespréich geruff, fir ze kucken. Also, ech menge mir wäerten déi Leit scho briefen an da sou herno de Choix maachen, wien dohinner kënnt. Dat ass awer guer kee Problem. Mir wäerten lech dat och duerchaus kënne matdeelen, dee Choix, dee mer gemaach hunn a firwat mer e sou gemaach hunn. Voilà. Här Zuang?

ROMAIN ZUANG (LSAP): Ech menge just villäicht d'Fro vun der Madame Goergen ass net richteg beäntwert an deem Sënn, dass déi Leit, déi elo nach zousätzlech kommen, dat heescht wa mer soe mer hunn e Stack vu Leit, mee d'Klasse sinn net alleguerte besat. Et geet jo lo ëm déi, déi da soen „Hei, dat géif mech interesséieren, och dohinner ze goen“. Déi maache jo dann hir Lettre de mo-

tivation an ech mengen et war do gesot ginn: Hunn déi dann och elo eng Prioritéit vu véier Joer? Ech menge ganz kloer dass een do äntwert: Neen, well se ware jo net am Aarbechtsgrupp. Den Dengen ass jo sou verfaasst, dass déi Leit, déi am Aarbechtsgrupp waren, dass déi eng Prioritéit hu vu véier Joer. An net een, dee sech frësch elo an dat Gebai melt. An da mengen ech och, dass déi Leit no véier Joer, wou jo dann hir Prioritéit ausleeft, dass vun deem Moment u se einfach op der Liste d'ancienneté stinn. Wann dann ee sech eramellt, dee méi al ass, ebe sech awer da muss un d'Konzept halen, dat heescht och nach eng Kéier beim Direkter eng Lettre de motivation bei deem ofginn, dass dann ebe vun do, vun deem Moment un, et méiglech ass, dass dann ee vu baussen erakënnt, well da jo d'Frist vun deene véier Joer ofleeft. Wa mer dat heite jo lo soe „véier Joer Prioritéit“, da kënnt ee Moment, wou dann eben d'Lëscht, wou alleguer déi Leit op der Lëscht sinn, a wann dann eng Kéier ee ríft vu 50 Joer „Lo wëll ech och dohinner kommen“, dann ass deen ebe virun deemjéinegen, deen da villäicht am Aarbechtsgrupp war an och seng véier Joer hanneru sech huet. Ech denken, dass déi Konstellatioun souwisou net kënnt. Mir wëssen alleguerten, wéi an all deenen anere Gebaier: Op eng Kéier, wann de Stack vun enger Schoul steet, dass déi meescht probéieren an där Equipe matzeschaffen, sou dass dat wiesselt. An a fir sech mierke mer jo all Kéiers wa lo rëm gewielt gétt, dass awer de Stack ëmmer stoe bleibt, bis emol eng Kéier e Jonken oder duerch iergend e Grond keng Klass méi kritt, dobäikënnt a wiesselt. Mee fir de Rescht: D'Stabilitéit ass schonn do. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER):

Merci. Josiane.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN):

Et ass richteg, wat den Här Zuang seet. Mee no véier Joer spillt jo dann déi normal Reegelung erëm. Also dat hei ass wierklech en place gesat fir véier Joer. An da kënnt et, soll et eigentlech iwwergräifend esou sinn, wéi et bis elo war: All zwee Joer nei wielen. Ech mengen, dat ass kloer. Villäicht just nach zur Logo, déi Fro war gestallt ginn: Also d'Logo ass effektiv net de Problem. Mer musse just mat Zäite Bescheid soen. Ech mengen, déi Kanner si jo elo schonn op anere Plazen. Also et ass elo net wéi wann déi d'urgence d'urgence mussen hei an e Sall. Déi ginn da weider während där Zäit op Stroosse gefouert, déi ginn awer weider betreit. Ech mengen, wann d'Schoul Lenkeschléi géif Retard kréien, ass d'Logo eigentlech kee Problem.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER):

Merci, Josiane. Den Erni Ferrari. Et waren nach Froe vum Här Thill.

ERNI FERRARI (SERVICE ENSEIGNEMENT):

Merci, Här Buergermeeschter. Léif Dammen an Häre vum Schäfte-rot a vum Gemengerot. Déi meeschte Froe si jo lo beäntwert ginn an Tëschenzäit. Just nach d'Froe mat deenen zwee Texter, déi mer do hunn. Ech hat déi effektiv eraginn. Dass deen een, dee war mat „ROP 2018“ libelléiert an deen anere mat „ROP 2020“. Dat gesäit ee lo net, gesinn ech an den Texter selwer. Déi Texter sinn iergendwéi zesumme gesat ginn elo als een Text, dofir ass dat



elo schwéier, dat direkt erauszefannen, wat elo wat ass. Also deen Text mat de grénge geschriwwene Passagen an och brong mengen ech, hat ech gemaach. Dat soll deen neien ROP sinn, 2020. Do wou alles rout markéiert war oder rout duerchgestrach war, dat war u sech den alen Text an do hunn ech dat u sech markéiert gehat, wat entweder déi Paragraphen, déi musse verbessert ginn, geännert ginn, oder souguer deelweis ganz gestrach ginn. D'Membere vun der Schoukkommissioun, ech mengen déi haten dat awer och scho sou iergendwéi matgedeelt kritt. Wéi gesot, et ass ebe just dass et eben net esou do uewen an den Iwwerschräfte steet, wat elo 2020 a wat 2018 ass. Also déi Texter, déi gi lo natierlech net méi zesummegeat. Deen Text, ech mengen, et ass deen, deen elo grad ugewise gëtt, dat ass dann deen, deen och an Zukunft soll zielen nom Gemengerot, nodeems hei doriwwer ofgestëmmt ginn ass. Voilà, hunn ech lo net nach vergiess nach eng Fro ze beäntweren?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER):

Ech kucke lo hei op d'Kolleginnen an d'Kollegen aus dem Gemengerot. Et streckt keen de Fanger aus. Ech mengen, Dir waart méi wéi komplett. Villmools Merci dem Erni Ferrari.

Ech wollt just nach bäifügen, well d'Fro opkomm ass mam Congé collectif: Ech mengen, onofhängeg elo vun IBB ass dat souwisou eng Diskussioun, déi gefouert gëtt tëschent dem Aarbechtsministère mat de Gewerkschaften an och mat de verschiddene Federatioune vun den Entreprises a vun den Handwierker, ebe fir nom Etat de crise ze kucken, wéi generell den Ëmgang soll si mam Congé collectif, fir do Léisungen ze fannen am Interêt vu jidderengem. Dat ass emol dat éischt. Dat zweet, wat een och vun dëser Plaz aus ka proposéieren, well jo och eng Rei Froe gestallt goufe ronderëm d'Konzept. D'Madame Goergen huet jo och gesot, dass dat wat am Ufank presentéiert gouf net ass, wat elo ass. Bon, d'Konzept huet jo och evoluéiert mat der Zäit, wat och d'Echance méi no kënnt, well aner Diskussiounen opkommen. Wann e Konzept evoluéiert, da stelle sech op eemol aner Froen, pragmatesch, do si jo och op eemol d'Pläng komm. Wat ee vun dëser Plaz aus ka proposéieren – Souwisou, Dir hutt jo raushéieren, mir hunn e Plang A, mir hunn e Plang B. Mee wann op alle Fall d'Schoul Lenkeschlei opgeet, da maache mer natierlech eng offiziell Aweiung. Mir kéinten eis awer och op alle Fall virstellen, dass een am Virfeld eng Kéier eng Visitt vum Gebai mécht, mat de Membere vum Gemengerot, wou dann och den Aarbechtsgrupp oder déi Leit, déi do wäerte schaffen dobäi sinn. Wou ee sech dann och déi Zäit hält – dat geet bei enger Inauguratioun ëmmer ënner – dass ee sech do och déi Zäit hält, fir eng Kéier duerch d'Gebai ze goen a wou dann och déi Professionell sinn – sief et d'Léierpersonal wéi och d'edukatiivt Personal – sech op

deene verschiddene Plazen Zäit hält, och fir d'Konzepter ze erklären. Dann ass dat och méi gräifbar: De Moment ass dat jo e bëssen ongoing process, wat jo normal ass. Mee dass een eng Kéier do virschalt, virun der offizieller Aweiung, an dass een eng Kéier zesummen duerch d'Gebai geet. Et ass dat, wat een hei proposéiere kann. Wann Der averstane sidd, da maache mer dat esou. Ok, gutt, da géif ech proposéieren, dass mer zu der Ofstëmmung komme vun dësem Règlement d'occupation des postes. Wien ass mam Règlement, sou wéi en hei virläit, averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech dem Gemengerot villmools Merci fir déi doten Diskussioun.

5. APPROBATION VUN DE MODIFIKATIONEN VUM KOMMUNALE KIERFECHTREGLEMENT - AUTORISATION FIR DEN TRANSPORT VUN DE STIERFLECHEN IWWERRESCHTER

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER):

Da gi mer op den nächste Punkt weider, wollt awer do nach – ech hat ugangs, wéi ech iwwer d'Kris geschwat hunn, e puer Informatiounen vergiess, well dat ëmmer vill Elementer sinn. Ech hat nämlech iwwert den Teletravail geschwat. Do wollt ech nach soen, dass mer als Gemeng ronn 40 Laptops eisem Personal zu Verfügung gestallt hu fir den Teletravail ze maachen. Dat sinn awer zimmlech vill Laptops, déi mer ganz schnell mobiliséiert hunn. Ech hat awer och vergiess ze soe par rapport zu der Suspensioun vun de Loyeren, déi mer vis-à-vis vun de Commercé maachen, wou mer Proprietär sinn, respektiv Lokatär, dass dat fir d'Gemeng ronn 20.000 Euro de Mount ausmécht. An ech wollt lech awer och nach d'Informatioun ginn, dass dee Service d'achat, dee mer agefouert hunn, fir déi eeler Bevëlkerung, respektiv déi méi vulnerabel Leit, dee leeft jo säit e Méinden un. A bis gëschter, Donneschdeg, also véier Deeg wou e leeft – Méinden, Dënschden, Mëttwoch, Donneschden – si schonn 88 Leit, déi drop zrëckgegraff hunn. Et weist also mengen ech, dass wierklech de Service e grouse Succès huet an dass vill Leit drop zrëckgräifen. Wat jo och gutt ass, well déi Leit bleiwe jo dann och normalerweis doheem. Solle jo och doheem bleiwen. Dës Informatioun wollt ech awer nach gi fir komplett ze sinn.

Voilà, da gi mer zum nächste Punkt iwwer: Do ass eng Modifikatioun an eisem Kierfechtreglement, respektiv wat den Transport vun den Depouilles mortelles ugeet. Do gesitt Dir am Kapitel 2 du „transport de dépouilles mortelles du cimetière“. Den Artikel 4, dee muss ëm-



geännert ginn, dee mer am Fong alegéieren. Well heistung dass den „transport des corps vers les cimetières de la Ville est réservé à l'administration municipale“. Dass mer dee Passus sträichen an dass mer just soen „le transport des corps vers les cimetières de la Ville se fait par auto corbillard. Le transport des dépouilles mortelles doit être assuré dans les conditions de décence, de respect de piété. La quiétude et la sûreté publique aux cimetières doivent en tout temps être garanties.“

Déi Ëmännerung, déi mer hei proposéieren, nieft e puer klengen Ännerungen, wou mer de Schäfferot, respektiv de Buergermeeschter asetzen, dat ass éischer Kosmetika, respektiv op Recommandatiounen hi vum Intérieur. Mee den Haaptpunkt, deen eis beschäftegt, ass den Artikel 4. A bei där doter Ëmännerung, leene mer eis um Artikel un, deen och d' Stad Lëtzebuerg huet. Firwat maache mer dat heiten? Mer hate lo an där aktueller Konfiguratioun, sou wéi et do nach steet, wéi et bis elo gehandhaabt gouf, war et jo sou, dass d'Gemeng am Fong en charge war vum Transport, respektiv wat d'Organisatioun dovunner ofgeet, vum Kierfecht bis, oder wann en an der Morgue ass um Kierfecht, bis an d'Graf – do hat d'Gemeng – dat war vun den 90er Joren un – eng Konventioun mat enger Diddelenger Bestattungsfirma, déi en quelque sorte dann d'Exklusivitéit hat, fir dee Portage ze maachen. An dat ass dann ëmmer erneiert ginn. Neierdénge hu mer awer säit kuerzem eng nei Diddelenger, also eng Bestattungsfirma, déi sech zu Diddeleng niddergelooss huet – ech drécken et Mol sou aus – an déi gesot huet: Dat doten ass eng Dispositioun, duerch och déi Konventioun, déi do besteet, déi eis et net erméiglecht, effektiv dat ze maachen. Mir fannen, dass dat eng Restriktioun ass vun der Liberté commerciale. Se hunn eis och e Courier gemaach iwuer Affekot. Mir hunn och Récksprooch mat eisem Hausaffekot gehal, mam Maître Helminger, an deen eis zwou Piste gezechent huet, fir sech effektiv ze konforméieren. Well hei ass eng Restriktioun vum Commerce, well awer eng Bestattungsfirma och e Commerce ass.

Ech wëll net soen, dass een och mam Dout Commerce ka maachen. Mee et ass e classesche Commerce. An en huet eis am Fong zwou Piste virgeschloen. Déi éischt Pist ass déi, dass een natierlech kann d'Formulatioun, sou wéi se tel quel elo do steet oder wéi se lo ass, loossen. Mee da misst een eng Ausschreiwung maachen, mat enger ganzer Rei Krittären, mat enger Durée a wou dann eng Attributioun muss gemeet ginn. Also classesch Approche vun engem Marché public, well effektiv deen doten Deel am Fong eng Delegatioun ass vun engem Service public un e Privatunternehmen. Dat ass e bëssen d'Lektür déi een do mécht, wat dee Portage eben ugeet. Et ginn zwou Etappen. Déi éischt Etapp: Eng Persoun verscheet, ass am Spidol a kënnt dann effektiv an d'Morgue op de Kier-

fecht. Do ass et fräi, do ka jiddereen et maachen. An dann ass dee Moment wou se am Kierfecht an der Morgue ass, wou se da begruewe gëtt. Do war effektiv d'Exklusivitéit, wou mer bis elo haten. Mir sinn elo hei an dem zweeten Deel wou mer eis hei beweegen. Et ass am Fong deen Deel, wou da misst ausgeschriwwen ginn, wou se da mussen eng Attributioun maachen, no verschidde Krittären. Oder awer et oplossen a jidderengem d'Méiglechkeet ginn. An dee Wee, dee mer am Fong agaange sinn a wou och de Maître Helminger eis recommandéiert, ass deen heite Wee ze goen. A mir lehnen eis do un d'Dispositiounen u vun der Stad Lëtzebuerg, well d' Stad Lëtzebuerg hat och déi selwecht Dispositiounen wéi mir an der Zäit an och si hu se anhand vu plus minus de selwechte Gegebenheeten och adaptéiert. Dat heescht, se waren e bëssen éischer wéi mir an der selwechter Situatioun, sou dass mer deementspreechend och dat hei adaptéieren a sou dass och da fir deen zweeten Deel dann de Bierger dobaussen de Choix huet. Dat heescht fir den éischen Deel a fir den zweeten Deel kann déi selwecht Firma zum Beispill lo och ofwéckelen. A mat där doter Modifikatioun wäre mer dann deementspreechend och konform. An dofir hu mer et lo och sou formuléiert. Dat fir e bësse méi wäit auszuhuelen, wéi et bis elo ëmmer gelaf ass, lo en neie Moment hunn an eis och do sollten natierlech dann konforméieren. Dat ass dat, wat ech vun Erklärungen hei dem Gemengerot wollt soen, par rapport zu där doter Modifikatioun. Voilà, d'Diskussioun ass op wa Froe sinn. Här Gangler.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Ech fannen dat do natierlech gutt, dass do gekuckt gëtt, dass keen diskriminéiert gëtt. Ech hu just eng kleng Remark zu dem Saz; “La quiétude et la sûreté publique au cimetière doivent en tout temps être garanties“. Wou mer de Bëschkierfecht opgemaach hunn, hat ech scho gesot, et misst ee villäicht awer do eng Tafel ubréngen oder iergend eppes wat hiweist, dass mer do op engem Bëschkierfecht sinn. Dat ass méttlerweil nach net geschitt. Et héiert ee ganz vill Reklamatiounen, dass do uewe Fester gefeiert gi sinn, déi Zäit wou nach hunn dierfe Fester gefeiert ginn. Dass do ganz Exzesser optauchen an där klenger Bud, déi do gebaut ginn ass. An dass dat am Fong guer net no bausse gezechent ass als eng Plaz, wou soll Respekt sinn, wou soll Dignitéit sinn, wou soll Rou sinn a wou ee soll respektéieren, dass dat sech ëm e Kierfecht handelt an net ëm e Grillhaus. An duerfir wollt ech villäicht nach eng Kéier rappelléieren, dass ech dat schonn eng Kéier gefrot hat, ob een dat net kéint e bësse méi offiziell zeechnen, fir Passanten an och fir Leit, déi mengen, se missten do eng Grillparty feieren. Dass déi Plaz am Fong net dofir geduecht ass an dass dat schonn eng Plaz ass, déi e gewësse Respekt géintiwuer deenen Ëmstänn sinn, déi do spillen. Merci.



DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci Här Gangler. Do si mer ganz bei lech, wat déi dote Remark ugeet. Eis Servicer sinn och beoptraagt ginn, déi Placken auszeschaffen, wollt ech awer hei och soen. Dir schwätzt vun Diskriminatioun. Et ass éischer eng Restriktioun vun der Liberté commerciale, déi hei de Moment mer virun Aen hunn. Soss nach weider Remarken? Dat ass net de Fall. Da géif ech proposéieren: Ass de Gemengerot mat der Ofännerung hei vum Kierfechtreglement averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech lech Merci, och fir déi doten Zoustëmmung.

6. NOMINÉIERUNG VUN ENGEM DELEGÉIERTEN AM COMITÉ VUM SIDOR

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

An da géife mer weidergoen op d'Nominatiounen vun Delegéierten a Syndikater. Do ass et jo esou, dass am SIDOR bis dato dat ëmmer den Här Verrieder vun de Lénke war, dat war den Här Jadin. A lo ass lo hei d'Propose, dass den Här Thill an de SIDOR geet. An am SES, do war bis dato ëmmer vun deene Gréngen den Här Garcia dran. A vu dass hien och net méi am Gemengerot ass, ass d'Propos, dass d'Madame Heinen am Syndikat opgeholl gëtt. Ass de Gemengerot mat deenen zwou Nominatiounen averstanen? Et ass unanime. Stëmmt Der mat of, Madame Heinen, dass Der an d'Syndikat gitt? [onverständlecht Schwätzen] Neen? Neen, Dir kënt sëtze bliwen. Normalerweis wa mer hei am Gemengerot iwuer Syndikater ofgestëmmt hunn, sinn déi concernéiert Leit och ëmmer sëtze bliwwen. Dat ass kee Problem. Dir dierft matstëmmen. Also maache mer de Vott nach eng Kéier: Wien ass mat der Nominatioun vun deenen zwou Delegéierten an deenen zwou Syndikater averstanen? **Dat ass unanime.** Merci. Mir hunn dat am Allgemenge bei alle Syndikater esou gemeet. Dat war ni e Problem.

7. COMMISSIONS CONSULTATIVES

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Et ass dann am Pool des remplaçants, dat ass dann den David Mahnen an de Pool des remplaçants kënt fir Déi Gréng. Entschëllegt, dat war ënnergaangen. Wien ass domat averstanen? **Dat ass och unanime.** Da soen ech lech villmools Merci. Da wiere mer do komplett.

8. PERSONAL

8.1. SCHAFFUNG VUN POSTE FIR D'SCHOUL LENKESCHLÉI

8.1.1. EE GEMENGEPOSTEN OP VOLLZÄIT, GEHALT A2, (EDUCATEUR GRADUÉ)(EDUCATIOUN AN ACCUEIL)

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Voilà, da gi mer weider op den nächste Punkt. Dat ass d'Personal. Do komme mer op dee Punkt, dee virdu schonn ugeschwat gouf: D'Schoul Lenkeschléi, Schafe vun edukative Posten an och vu Botzpersonal an Handwierker. An do ginn ech dem Josiane Di Bartolomeo-Ries d'Wuert.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP - SCHÄFFIN):

Jo, voilà, Merci. Bon, wéi scho virdu gesot ginn: hei sinn d'Créations de postes fir d'Schoul Lenkeschléi. Dat ass net speziifesch, datt déi an der Lenkeschléi agesat ginn. Mee mer maachen eng Création de poste, wou mer d'Graduées, d'Diplômées an Aide-Educateurs astellen. Dat éischt ass de Punkt 8.1.1. Dat ass e Gradué. Ech mengen Dir wësst selwer, ech hat et gesot, mir hunn zwee Graduées, déi am Aarbechtsgrupp schaffe vun der Schoul Lenkeschléi. Déi gi fort a mir mussen doduercher en neien astellen. Mir maachen elo just d'Kreatioun. Déi Leit ginn awer nach net direkt agestallt. Also dat heescht, déi musse jo fir d'éischt ausgeschriwwen ginn an da wäerte se fir d'Rentrée fir de September, gi se dann agestallt. Punkt 8.1.1. Sidd der domadder averstanen? Et ass e Gradué.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Ech hunn nach eng Fro.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Madame Heinen, Dir hutt d'Wuert.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Also, am éischten Abschnitt, do steet dass et een ass. Et ass jo och een. Dat steet do um Ordre du Jour. An der Mëtt steet, dass aacht Leit agestallt ginn an ënne steet fënnf. Ech mengen, ass dat villäicht en lertum am Text?

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN):

Wou steet dat?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Dat ass déi al Versioun, mee et ass richtig.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP - SCHÄFFIN):

Jo, well d'Nummer ass falsch. Et war och nach de Punkt 8.1.1. an et steet 7.1.1. De Patrick war och nach gëschter, ech hat em dat och nach gesot. Bon. Ass dat ok sou, de Gradué?



DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Sidd Dir domadder averstanen, mat der Kreatioun vum Gradué? **Unanime.** Merci.

8.1.2. FËNNEF GEMENGEPOSTEN OP VOLLZÄIT, GEHALTSGRUPP B1 (EDUCATEUR DIPLOMÉ) (EDUCATIOUN AN ACCUEIL)

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN):

Voilà an da kéimte mer zum Punkt 8.1.2. Dat si fënnef Diplôméen, déi mer astelle wäerten. A wéi gesot, dat ass net onbedéngt fir Lenkeschléi, mee insgesamt brauche mer fënnef nei Diplôméen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

D'selwescht. Hei ass alles déi al Version. D'selwescht. Ass de Gemengerot domadder averstanen? **Och unanime.** Da soen ech villmools Merci. Josiane.

8.1.3. AACHT GEMENGEPOSTEN OP VOLLZÄIT, GEHALTSGRUPP C1 (AIDE-EDUCATEUR) (EDUCATIOUN AN ACCUEIL)

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN):

Da komme mer zum Punkt 8.1.3 an dat sinn Educateuren, aacht Stéck. Also ech hunn aacht Stéck hei stoen. Ok, gutt. Ech mengen, villäicht sinn Aide-Educateuren – dat muss ee ganz kloer eng Kéier soen – dat sinn och qualifizéiert Leit. Also et ass mëttlerweil jo sou, dass ee muss eng 13ème oder eng 1ère hunn, fir als Aide-Educateur schaffen ze goen. Wéi déi agesat ginn, dat hänkt vum Recrutement interne of. Wie wiesselt a Lenkeschléi, wie geet op aner. Dofir, hei déi aacht Posten. Jo?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Ass de Gemengerot och domadder averstanen, mat där Kreatioun?

ROMAIN ZUANG (LSAP): Also hei ass elo an deem doten, fir de Moment hu mer lo keng Leit nach fir d'Crèche am Quartier Italien, nee? Dat kënnt nach eng Kéier an enger spéiderer Phase?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Jo. Hei maache mer mol d'Kreatioun fir Lenkeschléi. An enger nächster Phas maache mer d'Kreatioun fir d'Crèche „Quartier Italien“. Ass de Gemengerot mat där heite Kreatioun averstanen? **Dat ass unanime.** Da kënne mer weiderfueren, Josiane.

8.1.4. ZÉNG SALARIÉSPOSTEN OP VOLLZÄIT, BOTZKRAAFT, A2 VUM KOLLEKTIVVERTRAG VUN DE GEMENGESALARIÉEN AUS DEM SÜDEN (SERVICE GMP)

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN):

Ech kommen zum Punkt 8.1.4. Dat sinn zwar Agents de nettoyage, 10 Posten, déi mer astellen. Awer dat sinn och alles Leit, déi mer herno brauche fir d'Schoul Lenkeschléi. An hei maache mer och d'Création de postes. Awer, wéi gesot, agestalt gi se zu engem spéideren Zäitpunkt. Déi mussen ugeléiert ginn an dat si Leit, déi komme bäi.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Madame Kayser:

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, Merci. Ech hunn dozou eng Fro. Mer haten eng ganz interessant Presentatioun de 5. Mäerz vun der Consulting-Firma „Resultance“, déi eng Analyse gemaach huet fir d'Fonctionnement de Servicer z'optiméieren. A se hate grad elo am Beräich Nettoyage gesot gehat, dass een do misst d'Charge vun den Travaillen estiméieren an „dimensionner les équipes sur les bâtiments. Ce dimensionnement doit être objectif et revu“. Meng Fro ass elo: Ass déi heiten Zuel vu Personal, ass déi schonn an der Berücksichtigung vun deene Remarque vun der Consulting-Firma oder ass dat nach ëmmer no den ale Krittären? Dat ass villäicht just eng interessant Fro, well mer déi Etüd schonn 2019 gemaach hunn an dat ass jo schonn am Januar 2020 mat de Chefs de Service beschwat ginn. Dofir ass do meng Fro: Si mer do schonn an der neier Visioun, wéi mer déi Strukturen, dat Personal, wëlle restrukturéieren?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci. Nach weider Froen? Jo, Här Zuang.

ROMAIN ZUANG (LSAP): Jo, entschëllegt. Nach just déi Fro, wat mer opgefall ass: „en raison de 40 heures par semaine“ bei de Botzfraen, also beim Botzpersonal – pardon. Dat ass fir mech e bëssen nei, wëll normalerweis dat Botzpersonal wat mer soss normalerweis hunn, huet ëmmer nëmmen an déi 30 Stonne gehat, 33 Stonnen. Dofir wollt ech dat nofroen, well mer dat wierklech opgefall ass. Well ech wollt nämlech och nach froen, well natierlech dann och op d'Botzfraen, déi de Moment nëmmen eng Tâche vun 30, respektiv 33 Stonnen hunn, sech dann och op déi Posten do natierlech dann intern fir d'éischt mellen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Nach weider Stellungnamen? Dat ass net de Fall. Ech ka just soen, dass déi Schafung vun deenen 10 Posten och scho mat Resultance, dass do eng Concertatioun



war. An Här Zuang, et ginn zwee Momenter: Den éischte Moment ass d'Kreatioun vun engem Posten. Mer schafe voll Posten. Mer schafe keng Poste vun 30 Stonnen. Mer schafe voll Posten. Wéi se herno besat ginn, ass eng aner Saach. Op där anerer Säit wëll ech soen, dass wa mer grad Leit op sou Poste setzen, sou vum Profil hir net déi manner vulnerabelst Leit déi Posten do brauchen. Dofir geet et éischer an déi Richtung, fir déi Poste voll ze besetzen, do wou et méiglech ass. Och dat ass eng sozial Politik vun enger Gemeng. Wann natierlech ee just 30 Stonne brauch oder en fonction vun der Affektatioun, da kucke mer dat. Mee hei schafe mer voll Posten. E ganze Posten. Jo, Josiane.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN):

Ech mengen, ech passe mech do dem Här Buergermeeschter un. Ech muss awer hei lo och eng Kéier soen: Déi voll Posten, 40 Stonnen, effektiv: Beim Botzpersonal, dat si Leit, déi am mannste verdéngen. Dat si wierklech déi, déi am mannsten op der Pai op der Gemeng verdéngen. Mer probéiere wierklech duerch déi Mesure 40 Stonnen, deene Leit d'Méiglechkeet ze gi fir ze iwwerliewen. An ech mengen och doduercher och d'Creation de poste. Wann ee seet „ech kann nëmmen 30 Stonne schaffen“, dann ass dat eng aner Saach. Hei ass wierklech geduecht, fir geziilt an déi Richtung ze schaffen.

ROMAIN ZUANG (LSAP): Ech hunn op kee Moment lo hei wollten dat iergendwéi wëllen a Fro stellen. Ech hu just gesot, mech huet et gewonnen, well ech normalerweis, wéi ech nach geschafft hunn, d'Botzfraen ëmmer nëmme just Tâchen hate vun 30 bis 33 Stonnen. Dofir froen ech et. Dofir huet et mech ebe just gewonnen, dass dat heite mat 40 Stonnen ausgeschriwwen gëtt. Ech fannen dat awer ganz gutt, gell. Ech wëll net, dass der elo mengt... Ech fannen et ganz gutt. Jiddwereen huet d'Recht op 40 Stonnen. Ech soe just, dass dann déi Leit, wa mol eng Kéier de Poste bis kreéiert ass, da gëtt en ausgeschriwwen, dass déi Leit, déi elo villäicht nëmmen 30 Stonnen, 33 Stonne kritt hunn, dass déi kënne wiesselen op 40 Stonnen. Méi wollt ech net. Ech fannen dat awer ganz gutt. Ech respektéieren dat. Also ech respektéieren dat. Wéi d'Josiane och seet, gell. Mee ech denke just nëmmen drun, dat ass fir mech eppes Neies.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci. Soss nach weider Stellungnamen? Net de Fall. Da géif ech proposéieren, dass mer iwwert déi dote Posten ofstëmme, déi Kreatioun fir d'Botzpersonal. Wien ass domadder averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech dem Gemengerot Merci.

8.1.5. EE SALARIÉSPOSTEN OP VOLLZÄIT, HANDWIERKER H3 VUM KOLLEKTIVVERTRAG VUN DE GEMENGESALARIÉEN AUS DEM SÜDEN (SERVICE GMP)

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

An dann de leschte Punkt.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN):

Voilà, de leschte Punkt ass eng Kreatioun vun engem Artisan. Dat ass e Concierge, dee muss agestallt

ginn. Ech mengen och dat brauche mer an der Schoul Lenkeschléi. Déi mussen awer ageschafft ginn. Doduercher wäert dee warscheinlech éischer agestallt ginn, wéi d'Educateuren. Ech mengen hei ass just d'Creation de poste an da kënnt déi normal Prozedur. Jo.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci Josiane. Froen dozou? Madame Kayser, jo.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV):

Jo, Merci Här Buergermeeschter. Ech verstinn dat och, dass mer do e Portier brauchen. Meng Fro ass: Ech hat gemengt, mir haten och esou eng Ekip Portieren, déi e bësse méi flexibel ass, fir déi verschidde Gebaier ze besetzen. Well mir hu jo hei och keng Portierswunneng, wat mir jo och explizitt begréissen, well ech denken, dat ass net méi déi Richtung, an déi ee soll goen. Dofir ass meng Fro: Gëtt dee Portiersposten elo integréiert an eis ambulante Portieren, entre guillmets?

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN):

Bon, mir hunn effektiv déi Conciergerie, déi dréint. Nach hu mer awer bei all Gebai een affektéiert. Also et ass schonn awer sou, dass all Schoulgebai och e Concierge huet. Bon, deen heite gëtt elo integréiert an déi Equipe. A wéi gesot, herno kucke mer, wie sech erausstellt, fir do an der Schoul Lenkeschléi natierlech ze schaffen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Also deen heite Concierge gëtt fest attribuéiert un d'Schoul Lenkeschléi. Dann hu mer och eng Equipe mobile vu Conciergen. Déi intervenéieren, wann effektiv Saache mussen gemeet ginn op verschidde Sitten. Wou si dann och den direkte Lien hu mat dem Service Maintien du patrimoine, respektiv déi ersetzen awer och e Concierge, wann e krank gëtt. Dofir ass d'Equipe mobile do. Mee hei ass awer wierklech de Choix, dass een dediéierte Concierge fir d'Schoul Lenkeschléi, well déi jo och zimlech grouss ass, dass deen och fest do ass. An dee kann natierlech och vun der Equipe mobile ersat ginn, wann e krank ass. Dat ass d'Prinzip. Jo?

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV):

Da stellt sech och d'Fro, wéi sinn deem seng Aarbechtszäiten? An de Vakazen oder sou, gell? Well d'Schoulvakazen ass jo fir e Portier och manner Aarbecht, wéi elo an engem Gebai, wat weess ech, wéi an der Sportshal, wou et zum Beispill awer déi ganzen Zäit dréint. Wéi sinn do dann d'Modalitéite vun de Portieren? Wéi ginn déi dann an dee Groupe ambulante, wou dann aner Congéen ersat ginn oder sou? Well mir hu jo da relativ, sechs, wéi vill Portieren hu mer dann an der Schoul? Dat hei gëtt de siwenten dee Moment. Wéi ginn déi dann affektéiert an de Vakazen? Mussen déi da present sinn an hire Gebaier oder en Tour maachen? Also wéi ass dat gereegelt?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Dir musst jo wëssen, dass och an de Vakaze grad jo och déi Zäit ass, wou mer profitéiere fir Aarbechten ze maachen. Da muss natierlech och de Concierge op der Plaz sinn, fir och eng deelweis Supervisioun vun den Aarbechten ze maachen, respektiv Uspriechpartner ze sinn. Et ass lo net sou, dass dee lo... Wann et eng Kéier



d'Méiglechkeet gëtt an d'Equipe integréiert ze ginn, mol och eng Kéier op eng aner Plaz. Mee et ass grad déi Peri-od, wou Aarbechten an de Schoule gemeet ginn – wa kee Betrib ass. An da muss deen och do si fir opzes-pären, zousespären, do si wann iergendee Problem ass. Dat heescht en ass och deementspriechend um Site. Jo Josiane?

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN): Ech wollt just der Madame Kayser nach soen: Dee Concierge, dozou gehéiert jo och e bëssen d'Kontrolléiere vum Schoulhaff. Dir wësst selwer, wéi vill Vandalismus mer hunn. Dee mécht dann awer och all Dag säin Tour, geet kucken – lo grad an der Gaafelt – dee geet kucken, ob d'Dieren all zou sinn, ob keen do nach am Ministade ass hannendrun. Ech mengen, och dat gehéiert zu senger Aarbecht.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Här Zuang.

ROMAIN ZUANG (LSAP): An en plus wollt ech awer och nach soen, dass an deene meeschte Schoule jo Structures d'acceuilë sinn an déi funktionéiere jo och an der Vakanz. Dofir also, dee Mann ass souwisou de ganzen Dag beschäftegt. En plus muss souguer nach owes heiansdo e Complément sinn. Da kënnt een aneren zouspären a sou weider a sou fort, wann e seng aacht Stonnen hanneru sech huet, a sou weider a sou fort.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Voilà, Merci. Mat där doter Kreatioun averstanen? Hänn hiewen. **Dat ass unanime.** Da soen ech lech villmools Merci.

8.2. KREATIOUN VUN ENGEM GEMENGEPOSTEN OP VOLLZÄIT, GEHALT A1, ËNNERGRUPP WËSSEN-SCHAFT AN TECHNIK (ARCHITEKTUR A BAU)

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Da komme mer och zu enger nächster Kreatioun vun engem Poste vum Employé communal am Grupp A1, Sous-groupe „scientifique et technique, architecture et domaines“. Ech wollt hei soen, dass dat 40 Stonne sinn, ab dem 4. Juli 2020, an dass dat dorëms geet, fir eng Persoun dropzesetzen, déi am Domaine vun der Architektur, respektiv ronderëm d'PAGen an d'PAPen, déi effektiv déi jo och suivéiert, opbereet, respektiv awer och d'Projets d'exécution an d'Konventiounen. Ech wollt lo hei och präziséieren, dass et net drëms geet, eng zousätzlech Persoun anzustellen. Hei geet et drëms, eng bestoend Persoun, déi e Master huet, déi en A1 huet, déi awer de Moment op engem A2 sëtzt, ob engem Poste vum Ingénieur technicien, wat jo och eng Employée communale ass, dass déi eis an deene leschte Joren, wou se hei op der Gemeng schafft, ebe begleet huet ronderëm de PAG a ronderëm de PAP. Et ass am Fong och si haaptsächlech, déi sech och ëm d'PAPen op der Gemeng Diddeleng bekëmmert, fir si vun der A2 Karriär an d'A1 Karriär ze setzen. Dat heescht, wann dee Posten hei kreéiert gëtt, gëtt en intern ausgeschriwwen. Déi Persoun ka sech drop mellen an da gëtt herno hire Posten ofgeschaaft. Voilà, fir lech awer ze soen, a wéi eng Rich-

tung dass mer hei wëlle goen. Madame Kayser.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci, Här Buergermeeschter. Ech denken, dës Creation de poste droe mir mat, och wa mer soss ëmmer bësse kritesch sinn, wa Leit op engem Poste mat enger mannerer Qualifikatioun mat engem méi héijen Diplom sech mellen an dann herno dee Posten esou ëmgeschaaft gëtt, wou mer ëmmer soen, dat wier e bëssen à la tête du client. Mee an dësem spezifesche Fall, dat ass wierklech eng exceptionnell Situatioun an do si mer absolutt d'accord, dass déi Persoun am Fong méi geleescht huet, wéi dat an hirer Job description ab Ufank virgesi war. Mir fannen, et ass eng ganz wäertvoll Mataarbechterin. Ech denken, och am Service ass se ganz héich estiméiert a mir fannen dat och méi wéi richtig, dass mer hei eng Modification de poste maachen. An ech si virun allem och frou, wa mer dann deen anere Posten, wa mer deen och ofschafen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci der Madame Kayser. Nach weider Stellungnamen? Ech wollt just heidrop agoen: D'Realitéit ass awer och déi, dass oft Leit mat engem Master sech op e Bachelorposte mellen. Dat ass net nëmme bei de Gemenge sou, dat ass och beim Staat esou, respektiv och d'Situatioun ëmmer méi opkënnt, dass villäicht och Leit mat engem Bachelor sech net nëmmen op Bachelorposte deelweis mellen. An also och dat si Realitéiten. Déi Madame, déi ass deemools agestallt ginn, well si och dee beschte Profil hat a well och deemools weider keng Leit mat engem A2 sech gemellt haten. Dofir hu mer och dee Choix gemeet, den A1 op den A2 ze setzen. Dat kann ee gutt fannen, net gutt fannen. Mee och d'Realitéiten, déi sech bidden, sinn och heiansdo anerer wéi déi, wou ee sech dann och erwaart. Mee effektiv, wéi Der richtig sot: Déi Mataarbechterin en question, déi am Service Technique schafft, déi mécht vill méi iwwert déi lescht Joren, wéi en Ingénieur technicien-Posten. An dofir maache mer och den Upgrading hei, wat hir Karriär ugeet. Jo?

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo ech wollt awer just soen, net dass dat sou en Automatism gëtt. Dat ass scho richtig gegräff. Dofir fannen ech ganz gutt, dass mer dat doten duerch de Gemengerot goe loosse. Net dass mer dann engem soen „Jo ok, du hues zwar e Master. Du kriss elo de Bachelorposten a wäers gesinn, an zwee Joer schafe mer dir e Posten sur mesure“. Do ware mir ëmmer explizitt dogéint. Ech mengen, do si mer eis alleguerten eens heibannen, dass dat net soll en Automatism ginn an dofir fannen ech dat och gutt, dass mir dat hei am Gemengerot och diskutéieren.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Et ass effektiv keen Automatism an et soll och esou bleiwen. Do si mer eis eens, jo. Wien ass mat der doter Kreatioun averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech lech villmools Merci.



8.3. KREATIOUN VUN ENGEM GEMENGENEM- PLOYÉSPOSTEN OP VOLLZÄIT, GEHALTSGRUPP C1 (TESCHNECH) (KULTURELLE SERVICE)

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER):
An da gi mer weider an de Service Culturel. Loris Spina.

LORIS SPINA (LSAP - SCHÄFFEN): Jo, Merci Här Buergermeeschter. D’Kreatioun vun engem Employé communal, 40 Stonnen, plein temps. Dir gesitt, eise Sekretär, deen deelt Ziedelen aus, well do an der Argumentatioun vun der Postebeschréiwung vum Posten, net alles richtig gelaf ass beim Copy-Paste. Wat richtig ass, ass natierlech, dass mer, wéi gesot, een an der Kategorie C sichen am Sous-groupe technique an eisem Service Culturel an och Programmatioun, déi hei eben ufält. Dir kennt dat jo och. Déi sinn hei opgezielt Touch of Noir iwwer Jazz Machine, de Celtic, d’Fête de la Musique, de Summer Stage an d’Fête des Cultures, fir nëmmen déi ze nennen. Do dobäi sinn awer nach aner Saachen hei intern. Nieft der kultureller Programmatioun, wësst Dir, dass mer hei eng ganz Rei vun Diddelenger Associatiounen oder nationalen Associatiounen, déi hei emol eppes organiséieren. A selbstverständlech och emol e Gemengerot, wann dat dann néideg ass, wéi mer et de Moment erliewen. An dofir sinn eis Spezialisten, Techniker, ronderëm den Toun an d’Luuchten ganz vill sollicitéiert an do hu mer Krämpes, deene gereegelt Aarbechtssäiten ze ginn. Déi mussen ganz vill schaffen. Déi sinn och ganz disponibel. Et ass net dat, mee mir dierfen déi zwee Hären do awer net iwwerdréien an dofir si mer der Meinung mam Service Culturel, dass mer hei müssen eben norüsten. A wat mer lo nogereecht hunn, dat gesitt Der, dat ass eben d’Tâchebeschreiwung, also: „Hautement qualifié dans le domaine de l’organisation technique et logistique, des concerts et festivals, ainsi que de la logistique des conférences“ – Dat ass am Fong geholl dee Constatant dee falsch ass an deem Dokument, dat der ausgedeelt kritt hutt, an dofir hei elo dat richtig Dokument. Awer dat ass dee Posten, deen de Service brauch, et geet em en Techniker. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER):
Merci Loris Spina. Froen? Madame Kayser.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, Merci. Wann ee jo och d’Unzuel vun den Iwwerstonne vun deenen zwee Techniker kuckt, déi geleescht gi sinn 2019, da ginn engem jo d’Grujelen aus. Et ass jo awer wichteg, dass mer dat net opkomme loossen, well dat gëtt jo eng Ketten ouni Enn. Eis Fro war am Fong, firwat just en – just entre guillemets – just eng Kategorie C gefrot gi war. Well an der éischter Motivatioun hate mer och nach gelies kritt, dass een „en présentant de parfaites capacités rédactionnelles“ an ech weess net, ob do en C, déi Richtung gewiescht wier. Ob mer do net hätte sollen eben en aner, eng Aart Sekretariatsposten, villäicht mat enger anerer Qualifikatioun hin. Mee elo no den Explikatiounen, ass dat hei effektiv haaptsächlech en Techniker, wann och dat richtig gesinn an der Motivatioun, an der Argumentatioun, déi elo hei virläit. An dee Saz „en présentant de parfaites capacités rédactionnelles“ ass erausgeholl ginn. Ass dat och effektiv och esou gewünscht, dass

et haaptsächlech een ass, deen um Terrain technesch verséiert ass?

LORIS SPINA (LSAP – SCHÄFFEN): Jo voilà, et ass ganz genau esou. De redaktionellen Deel, dee fält ewech. Et geet wierklech hei em den Techniker, deen dem Sigggi an dem Boris kann hëllefen, wann et drëm geet, d’Luucht oder den Toun hei ze organiséiere fir déi verschidde Manifestatiounen. Also reng technesch.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER):
Nach weider Froen hei vum Gemengerot? Dat ass net de Fall. Da kéinte mer doriwwer ofstëmmen. Wien ass mat där doter Kreatioun averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech dem Gemengerot Merci.

8.4. KREATIOUN VUN ENGEM FONCTIONNAIRES- POSTEN AN DER GEMENG, AARBECHTSGRUPP C1, (ADMINISTRATIV) (MUSEKSSCHOUL)

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER):
An da komme mer eriwuer bei d’Museksschoul. Claudia.

CLAUDIA DALL’AGNOL (LSAP - SCHÄFFIN): Merci fir d’Wuert. Bon, Dir wësst dass zënter dem éischte Gesetz vum Enseignement musical wat 1998 koom, eis Diddelenger Museksschoul sech rasant entwéckelt huet. Dat net nëmme vun der Schülerzuel hir, mee och vun der pedagogescher an och d’infrastrukturell Offer. Ech mengen, mir sinn hei an deem Gebai, wou dagdeeglech Schoul gehale gëtt. Ech brauch net an all Detailler ze goen, well eisen Direkter u sech ëmmer dobäi ass, wann et hei drëms geet, d’Schoulorganisatioun ze diskutieren an ze stëmmen. Ech wëll awer villäicht e klenge Resumé maachen. 1998, do hate mer eng lokal Schoul mat knapps déi Zäit 450 Schüler. Mer haten deemools 20 Enseignante mat engem Chargé de direction à temps partiel deemools nach. An dat Ganzt, dat war an enger Cohabitatioun – fir déi, déi sech nach kënnen erënneren – mam Enseignement fondamental um Strutzbiereg. Haut schwätze mer vun eppes ganz aneschtens. Haut hu mer eng regional Struktur mat 1280 Schüler, véier konventionéierte Gemengen: Beetebuerg, Keel, Réiser a Weiler-la-Tour, 55 Enseignanten an enger Direktioun an enger Administratioun mat jeeweils och zwee Leit.

Par rapport zum leschte Joer eleng hate mer eng Croissance vu méi wéi 13% ze verzechnen. Dir wësst, d’demografesch Entwécklung, déi mécht och hei zu Diddeleng net Halt. Mir hunn awer nach en Département „Dance“ kreéiert gehat, sou dass mer och domadder rechnen, dass mer nach méi Zoulaf wäerte kréien an den nächste Joren an aus all deene Grënn si mer der Meinung, datt et elo un der Zäit ass, eis administrativ Equipe vun där Museksschoul ze verstärken, duerch eng hallef Tâche, fir datt mer och weiderhi kënnen de Schülerinnen a Schüler an natierlech och hiren Elteren e qualitativ héichwäertegen Accueil garantéieren. Firwat hunn ech „hallef Tâche“ betount? Well natierlech och hei an der Deliberatioun 40 Stonne steet, well mer eng ganz Tâche kreéieren. Mee mer wäerten se awer nëmmen zu Hallschent besetzen. Voilà.



DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci Claudia, fir déi doten Erklärung, dat och an den historesche Kontext ze setzen: Wouhier dass mer kommen a wou mer lo stinn, wat dës Kreatioun ugeet. Si Froen dozou? Här Thill?

JOSEPH THILL (DÉI LENK): Jo, eng Fro. Also mer si mat där Kreatioun vun deem hallwe Posten da ganz averstannen. Mir hunn eis just gefrot, wou déi Persoun géif sëtze kommen. Eng reng praktesch Fro.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP - SCHÄFFIN): Also mir hu jo e Sekretariatsbüro a mir ass lo net bekannt, datt déi soll anzwousch anescht sëtze komme wéi heihinner.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Madame Heinen.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Jo, ech hat och nach eng Verständnisfro. An zwar ass jo den 13. Dezember schonn e Poste gestëmmt gi fir den administrativen Deel an der Museksschoul, mat der Argumentatioun och, dass eben d'Schülerzuel klëmmt a well eng Madame do a Pensioun geet.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Dat kënnt eréischt duerno. Ech wëll elo keng Nimm nennen, mee et ass nach eng Kéier ee Posten am Huis clos.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Jo, ech hunn dat gesinn. Awer ech kommen elo net richtig no, well dee Poste, bleibt deen dann awer? Dat heescht, et ass herno annerhallwe Posten? Hunn ech dat richtig verstanen?

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP - SCHÄFFIN):

Jo, déi Madame, déi bleibt. Also, déi aner Madame. Déi wou schonn do ass, déi bleibt. Mee wann d'Madame géif a Pensioun goen, jo da géife mer dee Posten op alle Fall net ofschaffen.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Ah voilà, et ass dat. Da hu mer eis verstanen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Et schéngt Kloerheet ze sinn. Dat ass gutt. Här Friederich.

JEAN-PAUL FRIEDRICH (CSV): Ech wollt just nach als Bemierkung och maache mat de Posten, déi mer och kreéieren: Als Delegéierte weess ech och, dass mer dat ëmmer maachen an deem Sënn, dass ee 40 Stonne mécht. Herno, wéi de Posten adaptéiert gëtt, ass dann eben... Do huet een all Flexibilitéit. Wann een awer seet d'office hallef, dann ass et net méiglech eppes do ze maachen. Dofir ass et ëmmer gutt, et mécht ee 40. Op herno hallef gemaach gëtt oder 30 Stonnen, dat ass am Allgemenge gëtt dat sou gemaach. Dofir ass dat eng ganz normal Reegel, dass dat op 40 gemaach gëtt. Wéi herno den Employé schafft, dat ass ëmmer nach ze kucken. Mee et soll op 40 gemaach ginn, well soss ass een herno geplot. Wa muss eropgesat ginn, da muss ee rëm eppes um Kontrakt änneren. An dofir ass et grad esou gutt et ass op 40, an da kann een dat adaptéieren, sou

wéi een et grad brauch. Dat wollt ech just soen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Ganz genau, mir gesinn dat och esou. Claudia.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP - SCHÄFFIN): Ma Merci och fir déi do Stellungnam. Ech wollt awer och nach soen: Dir wësst, u sech diskutéiere mer dat doten och ëmmer an der Museksschoulskommissioun. Déi hate mer och ageruff an dofir kommen och elo déi Froen, notamment vun der Madame Heinen, well mer déi natierlech och hu missten ofsoen, wou den Etat de crise ausgeruff ginn ass, sou dass mer déi dote Froen schonn do klären a mer dofir normalerweis hei déi Diskussioun net hunn. Natierlech maache mer eng Museksschoulskommissioun soubal et eis erëm erlaabt ass, et ze maachen. Mee den heite Posten, déi mussen mer dann och ausschreiwen. An dofir ware mer awer der Meenung, et misst trotzdeem op den Ordre de Jour kommen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Voilà, ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn. Wien ass mat der doter Kreatioun averstane fir d'Museksschoul? **Och dat ass unanime.** Da soen ech lech och hei villmools Merci.

9. FROEN UN DE BUEGERMEESCHTER AN SCHÄFFEROT

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Dann den nächste Punkt, dat ass Froen un de Schäfferot. Do war jo déi Fro komm vum Här Gangler. Do hunn ech probéiert, seng Froen a meng Äntwert eranzehuelen an d'Korrespondenz. Ech mengen, dat ech do zimmlech komplett war.

Voilà, dëst gesot wäre mer um Schluss ukomm vun eiser öffentlecher Sëtzung. Da géife mer da lo an den Huis Clos iwwergoen.

- Huis Clos -



2020

CONSEIL SUR LES GUÊPES WESPENBERATUNG

FR / Depuis 2019, la Ville de Dudelange offre à ses citoyens un conseil gratuit sur les guêpes, les frelons, les bourdons et les abeilles. Bon à savoir : la Ville de Dudelange ne procèdera pas à la destruction des nids !

Si vous avez observé chez vous un nid d'abeilles, de guêpes ou de frelons, n'hésitez pas à nous contacter !

Service écologique

Hotline : 51 61 21 - 4000

E-mail : guepes@dudelange.lu

DE / Seit 2019 bietet die Stadt Dödelingen Ihren Einwohnern eine gratis Beratung im Umgang mit Wespen, Hornissen, Hummeln und Bienen. Gut zu wissen: die Stadt Dödelingen zerstört keine Nester!

Wenn Sie bei Ihnen zu Hause ein Bienen-, Wespen- oder Hornissennest beobachten, steht wir Ihnen zur Verfügung!

Umweltamt

Hotline: 51 61 21 - 4000

E-mail: guepes@dudelange.lu



Le collège des bourgmestre et échevins / Das Schöffenkollegium
Dan Biancalana, bourgmestre / Bürgermeister; Loris Spina, René Manderscheid,
Josiane Di Bartolomeo-Ries, Claudia Dall'Agnol, échevins / Schöffen

BP 73 L-3401 Dudelange /// T 516121-1 /// ville@dudelange.lu
site web: www.dudelange.lu /// blog: www.ondiraitlesud.lu

[f](https://www.facebook.com/villededudelage) /villededudelage [@villededudelage](https://www.instagram.com/villededudelage)





#
**sunday
ride**

DUDELANGE,
ON DIRAIT
LE SUD

LIEWE WÉI AM SÜDEN



DIDDELING
VILLE DE DUDELANGE